

DE BOPI GET VERKAAF

Autor vun dem deitsche Steck
"Der verkauft Grossvater"
- Franz Streicher.

An t'letzeburgescht iwerdroen fir
t'Chorale St. Joseph vun Deifferdeng Fuesbann - Dezember 1964
Komplett revidéiert, an der neier Schreibweis ugepasst am
Summer 2009

7 PERSOUNEN

Hannes Knubbelbauer (Bauer zu Déiferdang)

Fritz sei Bouw

Ketty seng Mood

Péiter Schlaubauer (Bauer zu Knapphouschend)

Gréit seng Fraa

Eivchen seng Duechter

Gust Kniecht beim Schlaubauer

Uert vun der Handlung

De 1. Akt spilt beim Knubbelbauer, dën 2. an dën 3. Akt beim Schlaubauer.

1. Akt

Eng zimlech knapp ageriichte Bauere Stuff. En Dësch. Eng Bänk. Eng Kréibänk mat stengen Dëppen. (Wa méiglech eng Standauer).

1.Optrëtt

Hannes an Ketty

- | | |
|--------|--|
| Hannes | (geet mat den Hänn um Reck durch d'Zëmmer spazéieren). |
| Ketty | (steet op der lenker Säit an der Dir an bleiwt onbeweglech stoen). |
| Hannes | (bleiwt virun him stoen) Firwaats du mir fortlaafe wëlls, weess ech nach èmmer nüt. |
| Ketty | Du solls nüt durno froe, hun ech dir schon emol gesot. |
| Hannes | Zwee Joer bass du elo schon bei mir um Haff. Mir sin èmmer gudd matenaner auskom, an op eemol wëlls du kënnegen. |
| Ketty | Jo wëll ech, an maachen ech och. |
| Hannes | An ech darf nüt emol wëssen aus waat firenger Ursach. |
| Ketty | Neen. |
| Hannes | Kriss de iren nüt genug ze iessen ? |
| Ketty | O Mamm, wann daat alles wär. Gefällt der meng Lin nüt. |

Hannes	Hues de zevill Aarbecht ?
Ketty	Da wär ech schon laang gaangen.
Hannes	Ass deng Peitut ze dënn ?
Ketty	Dei ass iwerall ze moer !
Hannes	En Donnerwieder nüt nach, worunner leit et dann ?
Ketty	Ech soen et nött, wells de zevill rose gengs gin.
Hannes	Daat sin jo Dommheeten. Eraus domadden. Soo waat der nöt passt. Schwetz wéi t'Maul dir gewuess ass. Vleicht kann ech alles erem an d'Rei brengen. Et passt sech nött t'Knëppelen bei t'Tromm ze geheien an fort ze lafen wéi t'Fierkele fum Trach.
Ketty	Ech gin och nöt gär, awer ech muss goen.
Hannes	Waat heescht hei müssen ?
Ketty	An ech wöll haut nach goen. Ech haalen et einfach nöt méi aus.
Hannes	Ween deet dir dann eppes zu Leds. Ech vleicht ?
Ketty	Neen, du nöt.
Hannes	De Fritz vleicht ?
Ketty	Och deen nöt.
Hannes	Oder vleicht esouguer de Bopi ?
Ketty	(no enger Paus gremmeg) Dee Lidderjaan, dee Galgenstreck.
Hannes	Aha, lo ass et eraus. De Bopi leit dir also schwéier um Mo.
Ketty	Ech wollt dir et nöt soen Bauer, wells du émmer esou e sauert Gesicht mechs, wann een sech iwer de Grousspapp beschwéiert. Awer ech vergiesse nie, wéi deen Neichnotz an deenen zwee Joer meng Gall gequetscht an mech schikanéiert huet.
Hannes	An du hues dech nött revanchéiert?
Ketty	Dach. Op e grobe Klotz gehéiert e grobe Keil. Wurscht géint Wurscht. Oder mengs du ech hätt mir alles sollen sou mir neischt dir neischt bidde lossen.
Hannes	Aal Leit sin munchmol wie Kanner, da muss een schon emol en A zoudrecken kennen.
Ketty	Zwee Joer laang drecken ech béid A zou. Zefill ass zefill. Elo gin ech.
Hannes	Waat huet dann eise Bopi namel ugericht?

- Ketty Eng futtis Maus hat e mir gëschter an t'Bett
geluegt.
- Hannes (*laacht*) Eng futtis ? Do geseis de jo namel wie
domm deen aale Mann ass. Wann e gescheit wir,
hätt hien dir eng lieweg dragesat.
- Ketty Du solls Recht hun. Du hälls jo èmmer zu
him. Mir ass daat elo alles egal. Ech gin.
- Hannes Schwetz dach keen Onsënn. Wéinst enger
doudeger Maus wëlls du dach nët aus dem
Dingscht laafen.
- Ketty Nët wéinst der Maus eleng. Deen aalen
Neischnotz huet mech nie a Rou geloss. Deen
éischten Dag wéi ech heihinner komm sinn huet
hien mir als gudde Moien meng Sondesschung
un den Bueden ugeneelt, huet mir Juckpolver an
t'Bett gestreet, an ech weess nët waat nach alles.
Eng dozen Bouwen maachen an engem Joer nët
esou vill zum Onwéi wéi den aalen Tirlitti
an engem Daag.
- Hannes (*kratzt sech hanner dem O'er*) Jo, jo munchmol
dreift en et e beschen ze vill uerg. Meng awer nët
dass hien et nëmmen op dech ofgesinn hätt.
Mech an de Fritz léissten och nët aus. Oder
mengs du ech hätt mir gëschter selwer de
Brennspiritus op t'Zalot gemaach.
- Ketty Nët emol bei der Arbecht kann hien een mat Rou
losse. Èmmer ass en hanne engem hir, wëll alles
besser wessen an alles geet him ze lues. Dee
Schued deen hien schon ugericht huet ass nët ze
beschreiwen. Wann ech an denger Platz
wär, dann hätt ech hien schon laang an en
Altersheim oder op t'Rum gestach .
Wanns du nach laang nokucks, dann lands du
nach virun him do. So ech hätt dir daat gesot.
Nuja, esou ganz Onrecht hues de nët.
- Hannes T'Wasser steet dir souwiesou schon bis zum
Hals an geschwënn kanns du un de Fangeren
lutschen. Schaaf dir den Alen vun der Krëpp.
- Ketty Daat ass einfach gesot. Wéi ech meng Fra, Gott
hief se séileg, bestued hun, do hun ech hiere
Grousspapp mat bei kritt. Elo kann ech hien dach
nët einfach op t'Stross setzen.
- Hannes

Ketty	Daat kanns du maachen wéiss du wëlls. Vun mir aus kanns du hien arume lossen. Also, wéi ass et? Kann ech haut goen ?
Hannes	Du bass awer allerhand presséiert. Muss daat dann unbedingt haut schon sin?
Ketty	Je éischter, je besser. Ech briechen dee Leitsgeheier nach um Knéi an der Mëtt duerch, wann e mir nach eng Kéier iwer de Wee leeft. Em Goddesbiddeswëllen, nämmen daat nüt.
Hannes	Dann hätt ech jo zwéin Bopien. A Gottesnamen, géi nämmen, ech wéll dech nüt zreckhalen. Vleicht iwerlees du dir et nach eng Kéier.
Ketty	Do gëtt et neischt méi ze iwerleen. An enger halwer Stonn soen ech dir Äddi.
Hannes	Hues du dann schon eng nei Platz?
Ketty q	Wärt ech schon fannen. Dichteg Hänn gin iwerall gesicht. Schreiws mir awer nach een schéint Zeegness.
Hannes	Daat versteet sech fum selwen. Daat hues du reedlech verdengt.
Ketty	Da paacken ech elo meng Valis.
Hannes	Wanns du de Bopi mat apaake gengs, ech hätt neischt dergéint.
Ketty	Ech geng t'Valis mat deem agepaaktenen Bopi direkt an t'Hell verschecke lossen.

2. OPTRËTT

Déi Viireg an de Fritz

Fritz	(kënnt am Schaffkostüm eran a knallt sein Hut op de Buedem).
Hannes	Krenonzeng am Schaaf, elo hun ech es saat. Nujee, Nujee. Waat huet den Hutt diir dann gedoen? (hiewt den Hutt op, klappt en of, an hällt en an der Hand).
Fritz	Mat dem Grousspapp kann ech nüt zesumme schaffen. Mengerwegen kann en am Haus bleiwen an Eeär leeën. Ech maachen t'Gromperen selwer aus.

- Hannes Wéi – hëllt de Bopi Gromperen eraus?
 Fritz Haas du zu him gesoot hie soll mir nookommen
 an mir hëllefen?
- Hannes Ech? Neen.
 Fritz (rosen) Waat wëllt hien dann. Kennt hien mir jo
 nët mam Spuet nogelaaf an seet zu mir: Fritz ech
 hëllefen dir. Da geet et méi séier. Speizt an
 t'Hänn, erwëscht de Sputet an stecht t'Gromperen
 kéipweis an der Mëtt duerch.
- Hannes (klakt den Hutt op de Bueden) Elo geet et mir
 awer och esou lues duer.
- Fritz (hiewt den Hutt op a klappt en of) Mir geet et
 scho laang duer.
- Ketty A mir am allerlängsten. Zum Glück sin ech hei
 nët méi festgeneelt. Wann ech mech schon iwer
 ee Mannsmënsch irgere muss, da soll et och
 wéinstens iwert e flotten jonke Kërel sin. (of)
 (Kuckt onsecher op den Hannes)
 t'Ketty huet gekënnecht.
- Fritz Gekënnecht, a virwaat dann daat?
 Hannes Ketty
 Fritz Wéint dem Bopi.
 Fritz (Jummt den Hutt op de Buedem) Do geseis de.
 Elo hu mer ét. Elo leeft eis déi eenzeg déi et méi
 wéi 14 Joer bei dem Galgestreck ausgehaalen
 huet och nach derdurech.
- Hannes (hiewt den Hutt op a klappt en of) O Mamm.
 Waat ass daat e Kreiz mat dem Grouspapp.
 Daats du dir selwer agebrockt hues.
- Fritz (geheit den Hut op de Buedem) Waat faalt dir
 dann elo op eemol allergueren iwer mech hier.
 Kann ech vleicht derfir daat eise Grousspapp op
 der Welt ass?
- Fritz (hiewt den Hutt rem op a klappt en of) Neen,
 duerfir kanns duu nët. Dass en awer hei um Haff
 ass, t'Leit durchenaner bringt, kregeilt, alles
 ruinéiert a schikanéiert, dorunner bass duu
 schold. Ech geng neischt soen wann hien an
 senger Fautell geng setze bleiwen an seng Peif
 fëmmen. Awer neen, iwerall mescht en sech dran
 an leet sein Pëfferkär bei. Wou e steet a geet,
 iwerall danzt en engem firun de Féiss erëm.
 Waat en upëkt mecht e kapott, wann en eng am
 Schnaa huet, da stiicht en së. (Geheit den Hutt

	<i>op de Bueden).</i> Wéilaang soll hien eis nach op der Nues erëm danzen?
Hannes	(<i>hiewt den Hutt op a klappt en of</i>) Waat werfs du dann den Hut èmmer erëm op de Buedem, mengs du fleicht hien géif dovunner èmmer méi nei gin?
Fritz	Et ass dem Bopi sein.
Hannes	A sou (<i>geheit den Hut a weidem Bou an den Eck</i>) Ech haat him den Hutt ewech geholl well ech geduecht hien geng mir dann nolaafen an t'Gromperen a Rou lossen. Quetschen och. Deen mecht virun Gromperepuree mat sengem Spuet.
Fritz	Ech haat him den Hutt ewech geholl well ech geduecht hien geng mir dann nolaafen an t'Gromperen a Rou lossen. Quetschen och. Deen mecht virun Gromperepuree mat sengem Spuet.
Hannes	De Leisdeiwel. Et mist een én un seng Fautell feststrécken.
Fritz	Daat dingt neischt, deen aalen muss aus dem Haus.
Hannes	Et wir schon daat bescht. Ech brengen et awer nët iwer t'Herz.
Fritz	Dir rutscht t'Herz an t'Boxebeen, du Färtert, wanns de eemol ganz energesch durchgreife misst. Wann ech Här am Haus wär, da wier scho laang Remedur um Haff.
Hannes	Brauchs dech jo nëmmen ze bestueden. Da vermaachen ech dir den Haff an da kanns du mat dem Bopi maachen waats de wëlls. Da gehéiert en dir.
Fritz	Schon eleng duerfir geng et sech lounen, fir no engem Meedchen ze kucken.
Hannes	Brauchs nët méi ze kucken, ech hun dir scho laang eent erausgesicht.
Fritz	Daat wëll ech nët.
Hannes	Tuutebatti, schwëtz dach nët wanns de daat Meedchen mol nach guer nët kenns.
Fritz	Ech wëll keent waat ech nët vu baussen a och vun bannen kennen.
Hannes	Ech soen dir, daat Meedchen gefällt dir bestëmmt – mir gefällt et nämlech och. Ech hun et zwar nach nie gesin, nëmmen de Schlaubauer gött him a schéine Batz Moneeten mat. Esou huet hie mir gesoot, A méi éppes schéines kann du bei engem Meedchen nët kréien wéi en gudden decke Portmonni.

- Fritz Deen hëtt den Haff néideg. Ech brauch aawer niewent dem Haff och eng Frau un deer er meng Freed hun.
- Hannes Waats du net alles verlaangs. Wann sie gudd mat € vollgestoppt ass, da kënnt et nüt méi op t'Fisemine un. Am Daag bass de nüt doheem an an der Nuecht da sin all Kaaze gro.
- Fritz Nee Papp, do lossen ech mer awer nüt draschwetzen. Géint Bestueden hun ech neischt. Mee meng Fraa sicher sichen ech mer awer selwer.
- Hannes Du wärts dach nüt verlaangen dat ech mei Wuert briechen, daat ech dem Schlaubauer gin hun. Ech haat him versprach dats du him sein Eivchen hölls. Daat ass eng fest ofgemaache Saach.
- Fritz Tëschen dem Schlaubauer an dir. Awer nüt tëschen dem Eivchen, daat ech nüt kënnen, an mir. Waat ass daat iwerhapt eng Frëndschaft tëschen dir an dem Schlaubauer? Deen Num hun ech nach nie héieren. Wien ass daat dann eigentlech?
- Hannes Mir hun eis schon esou laang nüt méi gesin, well hien siewen Stonnen weit a Boxaasch bei Knapphouschend wunnt. Gudd Frënn sin ech eigentlech nach nie mat him gewiescht, well hien ë Keckjhang an en Halsofschneider ass, deen fir fënnef € der Deiwel aus der Hell höllt. Zoufällig hu mir eis elo kurz um Pärdzsmaart getraff an do huet hien grad gemaach wéi wann mir schon éiweg déi deckste Frënn gewiescht wieren.
„Hannes huet en zu mir gesoot – wann ech dech haut nüt getraff hätt da wir ech maar bei dech kom. Du hues e Bouw, an ech hun e Meedchen. Aus deenen zwee muss e Puer gin.
- Fritz (laacht) Ma deen ass gudd gerooden.
- Hannes Fir t'éischt war ech ganz verblüfft. Nie huet en éppes fun sech heiere geloss, an elo op eemol wëllt hien Famill mat mir gin. Dobei huet en dech nach nie gesin a weess nëmmen daats du ee fréie Murgen e Haff voller Schold vun mir irfs.
- Fritz Wanns de mech freets, Papp, un deer Saach do ass éppes faul.

- | | |
|--------|--|
| Hannes | Hun ech mir och fir t'éischt geduecht, awer beim Dikrecher huet hien mir verzielt daat seng Fraa hiert Eivchen gären änner der Hauf hätt. Well awer do eng ganz Hatt voll Borschten a Fro kom sin, huet sie hir Nim allergueren eenzel op en Ziedel geschriwen. Dono huet all déi Ziedelen an en Hutt gedoen an hiert Eivchen hätt do selwer en Ziedel missen aus dem Hutt zéien. Dee gezurrenen wär dee richtegen. Een Zeechen vum Himmel hätt seng Fra gesot, an duerfir mengen ech daat déi Saach einwandfrei wier. |
| Fritz | Op esou verreckten Idiën können och alt nämmen verrückte Faleit kommen. |
| Hannes | Et wären am Ufank nämmen 13 Ziedele gewiescht. Well daat awer eng OnGlückzuel ass hun se nach gesicht an dobei ass dem Schlaubauer dein Num agefall, an esou bass du och an den Hut kom. A nu root emol wien hat gezun huet. |
| Fritz | (drechen) Mech. |
| Hannes | Hoerschaarf geroden. Du bass intelligent an duerfir bass du och den Auserwielen. |
| Fritz | Waat eng Eier. Mee so emol, du hues awer och schéin ugebass un dee Wuurm deen de Schlaubauer dir firun t'Nues gehangen huet. |
| Hannes | Mengs du hien hätt mech belunn? Duerfir hätt hien jo guer keng UrsAAC. Hien weess daat neischt méi bei eis ze redetten ass. |
| Fritz | An ech soen der....an der Saach do ass éppes faul. E Kneckjang geheit engem, deem den Dadder scho geet dach nött e Geldsaak firun t'Féiss. |
| Hannes | (am Eifer) Waat soll dann un deer Saach faul sin? (verzweifelt) Krenonzengamschaaf, do hällt een sengem Bouw een Dëppen mat Glück änner t'Nues an deen streckt se nöt dran. |
| Fritz | Stiech du se roueg dran, wann hien dir t'Aan verbonnen huet. Et kann graad esou gudd e gekachtenen Kullaangshues, wéi eng gebroden Dauf dra sin. |
| Hannes | Neen, neen mei Jong. Du hues Tomatescheiwen op den Aan. Et ass schon eng gebroden Dauw am Dëppen, eng allerleifst knackeq Deiwchen, fir |

	esou richteg dran ze beissen.
Fritz	Hues du dee Kueb da gesin?
Hannes	Neen. Et ass awer kee Kueb esou wéi den Schlaubauer mir et fiirgemoolt huet (<i>moolt eng weiblech Figur an t'Loft</i>).
Fritz	Ëmmer dee Schlaubauer. Firwaat scheckt hien sein Eivchen dann nët heihinner, wann et esou schéin soll sin?
Hannes	Zanter weini gin t'Meedercher dann selwer op t'Männerfänk?
Fritz	A du mengs ech soll mech selwer op d'Socke maachen an dorobber fueren fir ze gesin? Da kanns de awer nach laang waarden mat denger Daiwchen.
Hannes	(béis) Gudd – graad esou laang kanns du da waarden bis dass ech dir den Haff iwerschreiwen a wann ech esou aal gin wéi Methusalem. (<i>Hanner der Szen splittert Glas a fällt a Schirbelen op de Buedem</i>) Em Gottesbiddeswëllen, wien schléit dann elo schon erëm eng Fénster futti?

3.Optrëtt

Déi virecht an den Bopi

Bopi	(<i>mam Spuet waagerecht iwer t'Schëller fun lenks eran</i>) Ech – den Fenstermecher huet schon laang neischt méi verdingt.
Hannes	Du hees alles a Stecker a bass anscheinend nëmmen op der Welt fir alles kurz an kleng ze schloen.
Bopi	(<i>ëmmer roueg</i>) Wéisou ? Waat hun ech da soss schon ugericht?
Fritz	(<i>ironesch</i>) Guer neischt. Du bass een Engel am Haus.
Bopi	Huet dir an erem Leiwen nach keng Fenster futi geschloen? (<i>ouni eng Aentwert ofzewarden</i>) Gesidd der. (<i>erzielt wéi et gangen ass</i>) Gin ech jo nët mat mengem Spuet lanscht de Giewel.

	Hanner mir kennt déi' Aal fu Suftchen gewaatschelt, rutscht aus, jeitzt erbärmlech (mecht eng kurz Wendung an botzt t' Dëppchen fun der Kribenk erof) Berdautz ! Schon fällt eng Fënster aus der Rum.
Hannes	(an der Lucht) Du geheiss eis nach t'ganz Haus an e Koup (weist op d'gebrachend Geschirr)
Bopi	(laacht hart) Ass daat eng Freed. Elo verdingt t'Potchampsfabrik och nach eppes, ir se krupps geet.
Hannes	Waat ass daat iwerhapt fir en neie Moud fir mat dem dreckegen Spuet an déi bescht Stuff ze kommen.
Bopi	Ech wollt iech dach nämmen weisen wéi déi Saach mat der Fenster gangen ass.
Hannes	(hëllt him de Spuet of) Gëff hier soss weiss du eis nach méi Saachen, wéi mir gären hun.
Bopi	(setzt sech) Ma jo - elo sinn ech awer richteg midd.
Hannes	Vum Gromperen durchstiechen, hein ?
Bopi	(laacht) Jo – e puer sin och nach ganz bliwen.
Fritz	(dreckt den Hannes virun de Bopi) Sou, elo schwetz de, an kuck dass Uerdnung an t'Haus kennt. Bopi Jo daat geng neischt schueden, (weist op t'Schirbelen) oder wëlls du warden bis t'Schirbelen fum selwen zur Dir ausspazéieren ?
Hannes	(jeitzt) Sin ech fleicht dein Kniecht ?
Bopi	Gudd – Da soll t'Ketty déi' Schierbelen ewegraumen.
Fritz	T'Ketty raumt neischt méi ewech.
Bopi	Wéisou dann?
Hannes	Et huet gekënnegt an geet nach haut aus dem Dengscht.
Bopi	(voll Freed) t'Ketty geet ?(Falt t'Hänn zesummen a kuckt no uewen) Herrgott, dass ech daat nach erliewen. Firwaat geet et dann ?
Fritz	Wells du et nüt mat Rou léiss.
Bopi	Ech? Et soll sech jo guer neischt abilden, déi domm Gäns. Et ass jo vill zevill aal vir mech.
Hannes	A watt! Esou ass et nüt gemengt. Bei der Arbecht léiss du him keng Rou.
Bopi	Ah sou. Ass de Bopi erem eng Kéier de Sénnebock.

- Fritz Sénnebock hin, Sénnebock hier – nüt zum aushalen ass et mat dir.
- Bopi Sou. Daat ass de Merci well ech dir beim Grompereneraushuelen gehollef hun.
- Hannes Du brauchs kengem ze hellefen.
- Fritz Eleng maachen ech et besser an vill méi séier.
- Bopi (*motzt*) Gudd, fun haut un réieren ech keng Hand méi un.
- Hannes Du muss dach agesin Grousspapp. Ech gläwen gär dass du eis hellefen wëlls, awer.....
- Bopi Brauchs mir neischt ze soen. Vun haut un kann t'Arbecht mir nolaafen. Ech réiere keng Hand méi.
- Fritz A well mir schon grad dobei sin – soen ech dir och nach gleich: Deng Faxen & Flausen hun mir eis déi längsten Zeit gefaale geloss.
- Bopi Waat mengs du domadden?
- Hannes Dem Ketty eng futtis Maus an t'Bett leeën an meng Zalot mat Spiritus umaachen, daat passt sech nüt, daat geet ze weit.
- Bopi Ah sou! Wann ech duerfir suergen, dass dir nirwent eerer schwéierer Arbecht e wéineg Amusement huet, dann heescht et gleich Faxen a Flausen. Gudd. Vun haut un ass et aus mat dem Amusement. Dir verdingt et nüt besser.
- Hannes Du muss mech richteg verstoen Grousspapp.
- Bopi Ech verstin schon. Mat mir wärd dir vun Haut un nüt méi ze laachen hun.
- Fritz Daat haten mir bis elo och nüt.
- Hannes Rou a Fridden soll am Haus sin. Méi wölle mir nüt.
- Fritz Fëmm deng Peif, drenk dein Schluetschen, liess t'Zeitung an Meckefängken ass jo och keng iwel Beschäftegung.
- Bopi (*kuckt op t'Auer*) Elo ass et zeng Auer. Vun halwer eelef un sollt dir een Grousspapp hun, wéi dir iech e wünscht.
- Hannes Virwaat dann eréischt vun halwer eelef un?
- Bopi Well ech fir t'éischt nach mam Ketty ofrechne muss. Sou an elo hun ech Duescht. Daarf ech mir fleischt e Glas roude Wein aus dem Keller huelen oder sin daat och Flausen wann een aale Mann Duescht huet.

Hannes	Géi nëmmen – mir hun dir nach nie virgerechnët, was du giess a gedronk hues.
Bopi	(<i>dréint sech émm a geseit den Hut um Buedem leien, hiewt en op an seet zum Hannes</i>) Weess du keng besser Platz fir dein Hutt?
Hannes	Et ass dach dein. De Fritz huet e matbrucht.
Bopi	Mein? Daat ass dein Hutt. Ech hat en ugedoen, well ech mein nüt fond hun (<i>hängt den Hut op en Nool</i>).
Hannes	Faal nüt Kellertrap of !
Bopi	Of nüt, höchstens erop, wann ech de Wein bis probéiert hun. Waat gëtt et dann haut zu Mëtteg?
Hannes	Sauerkraut mat Speck.
Bopi	Speck mat Sauerkraut wär mir léiwer (<i>of</i>)
Fritz	Ech sin firwëtzeg waat hien bis halwer eelef nach alles zum Onwee mecht.
Hannes	Neischt wärt hien maachen. Ech passen schon op.
Fritz	Nach méi virwëtzeg sin ech waat mir no halwer eelef erliewen wärten. Dee gëtt jo dach keng Rou.
Hannes	(<i>rosen</i>) Da flitt en! Da soll e goen wou de Peffer wiest – ech denken awer dass en et nüt sou weit komme léist.

4. Optrëtt

Hannes Fritz Ketty dann Bopi

Ketty	(<i>färdeg fir fort mat engem klengen Koffer</i>) Sou ech sin färdeg fir t'Rees, loss der et gudd goen Bauer.
Hannes	Gees de wirklech Ketty? Elo grad huet de Grousspapp ons versprach, dass e brav wëllt sin. Wëllste nüt nach e puer Wochen probéieren?
Ketty	Léiwer nüt. Versprache Eeér gin der 13 op eng Dosen. Et ass och nüt eleng wéinst dem Bopi, wufir ech fort gin. Mat dem Haff geet et dach èmmer méi biergof an et bestinn keng Aussichten

	dass et besser gëttt. An engem Joer gehéiert iech de Cheminee emol nüt méi. Fir mech ass et dann och keng Éier méi wann et heescht daat do kënnt vun engem ruinéierten Haff. Sou! Elo wees d'et an elo gin ech.
Hannes	Et huet awer och schon Kriet an Meed gin, de nüt vun engem kranken Haf fortgelaaf sin, bis en erëm gesond war.
Ketty	Do haaten se awer bestëmmt keen Bopi, den engem vu Mueres bis Owes an t'Medezin speizt.
Hannes	Abee gudd! Leit déi reese wëllen soll een nüt ophalen.
Bopi	(<i>kënnt mat engem Glas Wein</i>) Dann ass eben eng Kou manner um Haff (<i>setz t sech op seng Platz</i>).
Ketty	Durfir bleiwen d'Ochsen allegerten hei.
Bopi	Schued Ketty dass du nüt e Joer méi jonk bass, ech hätt dech op der Platz bestuet, fir dass de op dem Haff bléiws. Mir kënnten ons dann den Hond spueren.
Ketty	Do héiert dir joo waat ech mir fun dem Neischnotzt nach muss gefale lossen ir ech gin.
Fritz	Bopi, sief dach roueg.
Bopi	Wisou, ass et schon halwer eelef.?
Ketty	A wéi ass et mat mengem Zeegnes, Bauer, hues du et schon geschriewen?
Bopi	Loss mech daat schreiwen, Hannes.
Hannes	Neen, daat sin meng Affairen. Geschriewen ass et nach nüt, nämnen daat ass geschwenn geschitt.
Ketty	(<i>hëllt en Ziedel aus dem Ausschnëtt a reecht en dem Hannes</i>) Ech hun dir et schon opgeschriewen, wéi ech et gären hätt. Da brauchst du der de Kapp nüt méi ze zebriechen.
Bopi	Do hues du awer eng stramm Briefkëscht Ketty.
Ketty	Awer nüt fir deng Bréif.
Hannes	(<i>liest</i>) „ Ich bescheinige hiermit,dass die Kathrin Meyer mir zwei Jahre treu, ehrlich und fleissig gedient hat. Sie ist mir über alles gegangen..... Besonders über die Gebeisgläser.
Bopi	Roueg (<i>liest firun</i>) „ Ich lasse dieselbe nur fortgehen, weil sie nicht zum verrecken
Hannes	

hierbleiben will und kann nur sagen: Hut ab vor
 Kathrin Meyer „
 Bopi Einfach grouassarteg wéi daat Framensch mat
 sech selwer zefritten ass.
 Fritz Daat waare mir och.
 Hannes Jo. En Ablack Ketty ech schreiwen dir et gleich
 op. Fritz komm haal mir t'Blaad un datt ét nëtt
 rëtscht. (of)
 Fritz (*iwerem fortgo'en*) Dir zwéin kënnt alt
 anzwëschen Abschied fei'eren. Dreckt iech awer
 nët ze fest. (of).

5. Optrëtt

Bopi a Ketty

Ketty (*setzt sech op seng Valise dem Bopi de Reck
 zougedréint*).
 Bopi Waat soll daat heeschen Ketty? Et darf een
 dem Feind dach nët de Reck zoukéieren.
 Ketty Ech sin keen Zaldot.
 Bopi An trotzdem e Zerrjant. Komesch, ass et nët
 esou.
 Ketty An du bass en Elefant. Nachméri komesch, nët
 wouer? Wouss duu deng Patten hinstells, do
 gëtt et nëmmen Schiebelen.
 Bopi Zreckschéissen kannst de nët schlecht. Daat
 muss dir de Neid lossen. Schued dass de schon
 gees. Et léist sech esou lëschteg mat dir
 streiden.---- Herrjee, elo sin mir lauter Männer op
 dem Haff.
 Ketty Mat enger aaler Wäschfra.
 Bopi Wiesou?
 Ketty Meija, du bass jo nach hei.
 Bopi Pass du op, dass du op én Haff kënns wou keng
 Männer sin. Da bass du do deen eenzege
 Borscht.
 Ketty Dee war ech och hei.
 Bopi Denger Zong no kënnt een et baal gléiwen.
 Ketty (*dréint sech flott émm*) Waat hues mat

- Bopi menger Zong ?
Geseis de – elo sätz du wéi et sech gehéiert. An elo erzielst du mir emol wéis du dech ennersto'e konns fir dem Bauer ze soen, dass ech dech verdiwen hätt.
- Ketty (ass opgestan) Ass daat villeicht nüt wouer ?
Bopi Ech an dech fun hei verdreiwen? Ech sin frou dass du iwerhapt hei bass. Mat Fraleit maachen ech léiwer de Geck wéi mat Maansleit. – Déi speitze mee séier Göft wann en se stëppelt . Et huet een méi dofunner.
- Ketty Du wirs nach am Stand ze kreischen wann ech fort gin.
- Bopi Ka sinn. Awer fu lauter Freed. Eigentlech hätt ech dir nach ordentlich de Marsch misse blosen, wells du mech beim Hannes beklaapt hues, awer ech kann nüt. Wann ech dech esou mat denger Valise firu mir stoen gesin, da gëttt et mir ganz festlech zu Mut, sou dass ech am léiwsten dën Zylinder opsetze wéilt.
- Ketty Ech kann dir nämmen soen, dass de Bauer zwéin Zylinder opsetze geng, wanns du a menger Platz gengs goen.
- Bopi Huet hien daat gesot ?
Ketty Jo daat huet hien gesot.
- Bopi (stutzeg) De Bauer ?
Ketty Jo de Bauer héchst perseinlech.
- Bopi (no enger Paus,roueg) Daat ass gelunn.
Ketty Déi rengste Wourecht ass et. A recht huet hien och. Anstatt dass du dech schéin roueg bescheiden an den Eck an deng Fautell setz stëffs du nämnen Streit an Onzefriddenheet hei am Haus. Dë ganze léiwen Dag dreiws du dein Schabernaak an dréits redlech derzou bei dass et mat dem Haff biergof geet, geseis du da nüt wee de Bauer sech ofrakkere muss? Du mierks et emol nüt wéi héich et him unzerechnen ass well en dech fir neischt an widderneischt matdurchfiddert.
- Bopi Dem Bauer geet et schlecht? Daat ass mir nei.
Ketty Maach nüt wéi wanns du eréischt aus dem

- Uurbësch keims. Wan sech nüt geschwënn
 eppes hei ännert, dann wärt hie wuel verkafen
 missen.
 Bopi An do wär ech mat Schold drun?
 Ketty Nét grad, mee du solls et awer ze schätze
 wëssen, dass heen dech bei all sengem OnGlëck
 nach wéi sein eegnen Grousspapp behandelt.
 Am Platz daat ze maachen schett's du him
 Spiritus op t'Zalot.
 Bopi (*Nét ganz frei*) Dach nämmen aus Spass.
 Ketty Ech bedanke mech fir dee Spass. Wanns du eng
 Kouh streichs dann léisst de t'Möllech an de Stall
 lafen. Beim Schluechten pikst du déi verkéiert
 Sau. A wanns de t'Mëscht opluedst, dann
 höllste gleich den Hunn mat op de Greef. Mei
 leiwe Mënsch, fir all daat Geld, waat de Bauer
 schon duerch deng Eefellegkeeten verdo'en
 huet, hätt e sech schon en Trakter kafe können.
 Bopi (*rosen*) Lo hälls de awer de Mond. Soss deet et
 mir nach leed dass ech am Platz den Hunn nüt
 dech mat op de Greef gespiest hun.
 Ketty Daat wees ech schon laang. Sou elo hu mir
 zwee eis emol ausgeschwaat fir all Zeit a fir all
 Ewegkeet. (*setzt sech op de Koffer an dréint dem
 Bopi de Reck erëm zou*).
 Bopi Amen ! Kuck, wann et bis an t'Häll nüt esou weit
 wär, da geng ech dech nach haut mat der
 Schubkarr bis dohinner féieren.

6.Optrëtt

De Viirech, Fritz,dann den Hannes

- Fritz (*streckt de Kapp eran*) Darf een schon eran
 kommen?
 Bopi Komm schon. Beino häss du mech nüt méi hei
 erëm fonnt.
 Fritz (*ass erankomm*) Wëlls du eis iren och fortlafen?

Bopi	Daat nüt. Mee t'Ketty hat mech baal mat Haut an Hoer opgefriess.
Ketty	Wéi ass et dann mat mengem Zeegnes? Dauert et nach laang?
Hannes	(könnt eran) Ass schon do (<i>Gëttt him t'Zeegnes</i>) Stëmmt et esou?
Ketty	(ass opgestan an iwerflitt den Ziedel) t'stëmmt. Ech soen dir merci Bauer.
Hannes	Dein Loun hues du scho kritt -----
Ketty	Jo, villmols merci.
Fritz	(hëllt de Koffer) Ech droen dir deng Valise e Steck. Wouhinner wëlls de dann goen?
Ketty	Ech fueren mam Taxi an t'Staat, fir méi séier fun hei fortzekommen.
Bopi	(hält dem Fritz ee Geldschein dohinner) Hei gëff dem Chauffeur daat, dass deen et bis op t'Musel féiert.
Ketty	Behaal deng Klonken. Soss muss du dach erëm e ganzt Joer spueren fir en Honnerter zesummen ze hun.
Bopi	(stecht den Pobeier an t'Täsch) Et war och nämmen eng aal Rechnung.
Ketty	(reecht dem Bauer t'Hand) Addi Bauer— Komm Fritz, da gi mir.
Bopi	A mir gëss du keng Hand?
Ketty	Mein Abschiedsgrouss fenns du an denger Kummer (<i>of mam Fritz</i>)
Bopi	An menger Kummer? Et wärt mir dach kee Kranz Liewerwurscht op den Dësch geluegt hun (<i>of</i>)
Hannes	(rift zur Dir aus dem Fritz no) Bleiw nüt ze laang. Du muss nach mam Pärd bei de Schmat (<i>mecht zou</i>).

7.Optrëtt

Hannes ,Bopi dann Fritz

Bopi (*kennt eran aus der Kummer – kratzt sech Hanner dem Ouer*).

- Hannes Hein, waat huet et dir dann als Undenken
hannerloss?
- Bopi Meng Sondesschong huet et mir un de Buedem
ugeneelt.
- Hannes (laacht) Daat bleiwt engem neischt schélleg.
Geseis de an du leefs ëm emol nët no?
- Bopi (roueg) Neen.
- Hannes Wéi, ech verstinn dech op eemol nët méi.
- Bopi Neen. Et geng soss den Taxi verpassen, an et
ass mir dach léiwer wann et fort ass, wéi wann et
e Putsch Hoer manner um Kapp hätt (*kuckt op*
t'Auer) An iwregens ass et schon halwer eelef.
- Hannes Jo richteg. Vun halwer eelef un wëlls du jo ën
Musterbopi sin. Do sin ech awer gespaant wéi en
aale Prabbeli.
- Bopi Ech wëll et versichen. Op et geet, wärd der nach
gesinn.
- Hannes Et wärt dir wuel schwéier falen. Ech weess.
- Bopi Ech fänken direkt domadden un. So mol
Hannes, stëmmt et dass du mat dengem Haff
geschwënn um Enn bass?
- Hannes (*kuckt hien verwonnert un*) Daat frees du mech,
wous de dech t'ganzt Joer ëm neischt
gekëmmert hues.
- Bopi Do war ech och nach keen Musterbopi.
- Hannes Um Enn sin ech nët grad. Awer Geld muss ech
hun. Mat honnertdausend Euro wär mir fir den
Ufank gehollef. A wann dann de Fritz eent
bestied, daat Monëten huet, dann kennt ech hien
ofleean an den Haff wär gerett.
- Bopi Also honnertdausend Euro brauchs de an e
Meedchen fir de Fritz. Honnertdausend
Meedercher an een € wären natirlech méi licht ze
beschaffen.
- Hannes Daat ass wouer. E Meedchen hätt ech schon fir
de Fritz deen Klautschen awer wëllt et nët.
- Bopi Rieden mer fir t'éischt emol fum Geld. Eng Fra
huet Zeit. Wéini musst du daat Geld hunn?
- Hannes Mar.
- Bopi (*jeitzt erféiert*) Waat? Mar schon? An du seess du
wärs nët um ersaufen, dobei steet t'Wasser dir
schon an den Nueslächter.

- Hannes Ech sinn dreimol hannendran mat den Zensen fun der Hypothek.
- Bopi Mecht daat esou vill ?
- Hannes Neen, t'Zensen ass daat mannst. Et ass jo och n  mmen eng kleng Hypothek. 30 dausend Euro. Awer den B  cker, den Metzler, t'Steierfritzen kr  ien nach an den Daach muss repar  ert gin – et kennt eben elo alles zefill beienanner. Elo hellefs du mir dach, wanns du kanns. Ne Bopi.
- Bopi Daat ass s  ier ges  t. Ech kann dach n  t esou e Muster fun Bopi sin an dir ze l  iw   ngem den Hals emdr  inen goen fir him 100dausend Euro aus dem Tirang ze bretzen.
- Hannes (irgerlech) Du riedst deck T  in, w  i wanns du eng Mouk voll Goldstecker h  ss, an mech speiss de mat dommen Rieden of. Du waars all dein Liewen een Eilespiegel, an w  rs et wuel och all dein Liewen laang bleiwen.
- Bopi So mir emol du Klautschen, wouhir soll ech eng heemlech Mouk hun? Mir schengt et du mengs ech k  int Goldsch  sser spinnen. Hannes ech hun neischt – n  t emol esou vill dass ech mir e Kanarievull haale kann.
- Hannes Ech hun och neischt fun dir erwart. Mee da riet och keen Blech, w  i wanns du mir hellefen k  ins.
- Bopi W  llen geng ech schon g  ren, awer k  nnen kann ech leider n  t. Ech kann dir n  mmen verspriechen, dass du an Zukunft keen Irger mat mir solls hun. Wanns du vrun ee v  irel vir elef un, dech nach emol iwer mech irgere muss, dann kanns du maachen mat mir waats du w  lls.
- Hannes D  i K  ier huelen ech dech awer mam Wuert.
- Bopi Jo, daat solls du och (*t'Auer schl  it dreimol*)
- Hannes Lauschter, elo huet et fir dech geschloen.
- Bopi (*setzt sech op seng B  nk an drenkt de R  scht Wein aus sengem Glas, daat nach baal voll ass*) (*kennt zur Dir eran geschoss*) Papp, t'ganz Faass roude Wein ass ausgelaaf.
- Fritz Waat?
- Hannes De Bopi huet vergies de Stopp an t'Lach ze stiechen.
- Fritz

Bopi	Daat war virun halver elef (<i>sprengt mat dem Glas an der Hand bei t'Auer an reckelt se op halwer eelef zreck</i>). <i>(jeitzt)</i> Waat mechs du do ?
Hannes	T'Auer geet eng véirel Stonn ze fréi.
Bopi	<i>(setzt den Zär erëm op seng richteg Platz)</i> Déi
Hannes	Auer geet richteg. Elo ass t'ganz Fass roude Wein bei der Deiwel!
Bopi	Mecht neischt, dee Wein do haat souswiesou keng Drauw gesin.
Fritz	Geseis de, waat hun ech dir gesot. Nëmme Schued kann hien nach urichten.
Hannes	<i>(rennt an der Stuff op an of)</i> Tja, tja, tja, do muss eppes geschéien.
Bopi	Vu mir aus, ech hale stall.
Fritz	Soll ech elo mam Pärd bei de Schmatt go'en?
Hannes	Jo. – Véier Eisen muss t'Pärd hun. Botz awer fir t'éischt de Keller op a loss t'Dir opsto'en fir dass en dreckent an de Geroch erausgeet..
Fritz	<i>(kuckt de Bopi schro un an geet of)</i> Jo Papp.
Hannes	<i>(zum Bopi)</i> Waat seess de dann elo?
Bopi	Ech – neischt.
Hannes	Waat hues du da wélles ze maachen?
Bopi	So mir léiwer was duu elo wélls, daat ass villméis interessant.
Hannes	Daat wees ech nach nüt.
Bopi	Dann iwerlee der emol. Ech gin elo och an de Keller.
Hannes	<i>(rosen)</i> Weells du vleicht dem Fritz erëm hëlfen?
Bopi	Neen, ech gin kucken op vleicht nach e Glas Wein fir mech am Fas bliewen ass <i>(mam eidle Glas fort)</i>
Hannes	<i>(rennt durch t'Stuff)</i> Sou geet et nüt firun – Ou wien kënnt dann do ?

8.Optrëtt

Hannes Péiter

Péiter	Gudden Moien Knubbelbauer
Hannes	Salü Schlaubauer
Péiter	Ech hat keng Rou ech muss dach awer emol nofroen waat et neies hei gëtt.
Hannes	Kenns du schon bis erof fir Béischten ze kafen.
Péiter	Neen ech sin némmen wéinst denger komm. Ech a meng Frau wëllen daat Bestiednes virun dreiwen. Wee ass et, hues du mat dengem Bouw geschwaat?
Hannes	Jo.
Péiter	An?
Hannes	Mein Fritz wëllt dein Eivchen nüt.
Péiter	Da passen se jo gudd beienanner. Mein Eivchen wëllt dei Fritz och nüt. Et seet, et geng keen huelen, deen et sei Liefdaag nach nüt gesin huet. Genau daatselwegt seet de Fritz. Et wir gudd gewirscht wanns du dein Eivchen matbruecht häss, dann hätten sie sech en deen aneren e wéineg kennen bemoschteren.
Péiter	Hat wollt nüt. Ech kann em t'Féiss awer nüt zesummenbannen an et wéi e Kallef um Wôn mat heihinner schleefen.
Hannes	A mengs du dann ech kéint mei Bouw mat der Geissel dorobber an t'Hondseissleck joen.
Péiter	Deenen zwee feelt eng gudd Portioun Streech. Fir hirem eegenen Glück esou déi hënnescht Seit ze weisen. Ech wärt mein ëEivchen schon zurecht huwelen, daat gin ech dir schräftlech op eng Salztut.
Hannes	Waat notzt daat alles, wa mei Bo'w nüt wëll ? <i>(mecht e sau'ert Gesicht a kratzt sech hannert dem Ouer)</i> Ass daat nach dran. An ech haat mer déi Saach schon esou geblummlecht ausgemoolt.
Péiter	A mir hätt et och grad esou just a mei Kroom era gepasst. <i>(sturkt firun sech hin)</i> Dorobber war ech guer nüt gefaast – <i>(rennt durch t'Stuff a bleiwt stracks stoen a kuckt sech ém)</i> Wou ass dann de Bopi ? <i>(kuckt verwonnert)</i> Wouhier weess du dann dass mir ee Bopi hun?
Hannes	<i>(lidd)</i> Hues du mir jo selwer um Pärdsmoart erzielt.

- Hannes Ech? Ech mengen du dreems!
(sicht mat Frechheet iwer die heikel Situatioun ewech ze kommen) Sou eppes liewt nüt méi.
Kregéilt stonnelaang waat en mat dem Aalen geploot wär an elo wëll en neischt méi dofunner wëssen.
- Hannes Wéi – ech hätt dir ---- ?
Péiter Ma wouhir wësst ech et da soss?
Hannes *(durcheneen)* Dajee, dann muss et wuel schon esou gewiescht sin.
- Péiter Geseis de – Wou ass en dann eigentlech?
Schléift en nach?
- Hannes *(laacht haart)* De Grousspapp. Deen a schloofen.
Deen kréint schon ir den Hunn op der Mëscht ass. Ir mir eis Aan op hun, huet hien schon seng Männerchen dorëmmer gemaacht .
- Péiter *(laacht)* Ass en esou fleisseg ? Mat deenen aale Leit gëtt et èmmer eppes ze laachen. Daat ass et waat mir nach doheem feelt. Meng Aal mecht dë ganzen Dag ee Gesicht wéi een Hond deem een t'Zossis eweggefriess huet. T'Eivchen mecht hir et schon noo. Ech muss soen, ech wär vrou wann ech esou ë Bopi hätt.
- Hannes Elo maach awer mol ë Punkt.
Péiter Wéisou, ech soen dir waat ech mengen.
Hannes *(rëselt de Kapp a laacht)* Waat et nüt alles jibbt. Mee esou geet et oft, waat deem engen lästeg ass doriwer freef sech deen aneren.
- Péiter Ou, de Bopi ass dir lästeg (*no kurzer Paus*).
Wanns de wëlls kafen ech dir en of.
- Hannes *(mengt falsch verstanen ze hun)* W-w-w-a-a-a-t sees du ?
- Péiter Ech kaafen dir de Bopi of. Wivil kascht en?
Hannes *(sturkt de Péiter un)* Du wëlls mir de Bopi ofkaafen.
- Péiter Du brauchs nëmme Joo ze souen, dann huelen ech en herno direkt matt. Deen arme Mann deet mir leed. Waat huet e schon bei dir? ! Du hues jo selwer neischt ze reissen an ze beissen.
- Hannes An duerfir wëlls du en bei dech huelen?
Schlaubauer? Fun deer Seit kennen ech dech jo nach guer nüt.
- Péiter Ech hun nach vill Seiten déis du nach nüt kenns.

- Hannes An bezuelen wëlls du mir én och nach.
Péiter Daat maachen ech némmen, fir dass du him nët
ze vill nokreischs.
- Hannes (*laacht haart*) Du wëlls mir also de Bopi
ofkaafen?
- Péiter Waat gëtt et dann do ze laachen?
Hannes Nujee – Hm – gudd hätt hien et jo bei dir ---
(*no enger Paus, mat engem Bleck vun énnen*)
Waat wëlls de dann duerfir gin?
- Péiter (*kuckt zur Fenster aus*) Ass daat deen vleicht
deen do der Katz t'Hoer onduléiert?
- Hannes (*rennt bei t'Fenster*) Waat mecht en? (*jeitzt*)
Grousspapp wëlls du wuel déi Kaatz direkt laafe
loszen.
- Bopi (*kennt mat der Katz an der Onduléierschéier an t'Fenster*) Virwaat dann? Ech maachen hir dach
némmen eng Freed. Daat aremt Déier ass esou
rabbel diir, dass kee Kueder et bekuckt. Du wärs
gesinn waat se elo geschwënn hannert hir hiir
sin, wann se déi Dauerwellen bis erbleckst hun.
(*béiss*) Wou hues du déi' Brennschéier iwerhaapt
hir?
- Bopi Déi hat t'Ketty op dem Fensterbriet leie geloos.
(*léisst t'Katz laafen*) Laaf, Miessi, laaf, haut kriss
de e schéine Kueder. (*laacht an of*).
- Péiter (*huet déi ganzen Zeit gelaacht an jeitzt elo fu
laachen*) Deen Aale gefällt mir.
- Hannes Ma dann huelen a Gottesnamen mat dorobber.
Péiter Ofgemaacht Knubbelbauer (*leet Scheiner
op den Dësch*) Hei sin 10dausend Euro.
- Hannes (*no kurzer Paus*) 10dausend Euro? (*no enger
Paus, dann onsecher*) Eigentlech ass daat e
bësschen wéineg fir ee Bopi.
- Péiter (*stuur*) Waat ass daat?
Hannes (*méi secher*) Daat ass nët genuch fir ee Bopi. Da
muss de nach eppes droleeën.
- Péiter (*opbrucht*) Huet een schon esou éppes erliewt!
Fir daat t'Geld kann ech mer schon 10 Bopien
kaafen.
- Hannes Awer keen esou een wéi mein.
Péiter Datt ech nët laachen.
Hannes Gudd, dann kaaf dir eben een anzwousch
aanescht.

- | | |
|--------|---|
| Péiter | (No kurzer Paus) Also, fir gudd Frënn ze bleiwen, Knubbelbauer, maach mir ë Preis. |
| Hannes | Drëssegdausend Euro – soss haalen ech mei Bopi. |
| Péiter | Bass du geckech? Duerfir kréien ech scho baal en halwen Trakter. |
| Hannes | Gudd, da setzt duu dir en halwen Trakter op deng Uewebenk. |
| Péiter | Wéi kanns du fir esou en aale Klepper, sou en Koup Geld verlaangen? |
| Hannes | Dee Bopi ass baal nach ganz nei. |
| Péiter | Uechzeg Joer, ass daat bei dir nei! |
| Hannes | Aale Wein kascht och méi wéi jonken, Brauchs ë jo nët ze huelen. Ech sin frou dass een am Haus ass, deen eis t'Grillen verdreift. |
| Péiter | Elo grad hues du nach gesoot, hien wir dir lästeg an ech soll ën a Gottesnamen mathuelen. Wéi reimt daat sech dann elo mat deem onverschimte Preis? |
| Hannes | Also wéi hat ech gesôt, du bezuels Véierzegdausend Euro oder mir brauche nët méi iwer de Bopi ze schwëtzen. |
| Péiter | (entsaat) Véierzegdausend ? Elo grad waaren et der nach dressegtausend. |
| Hannes | Mir fällt et an, dass ech jo keen neie Grousspapp méi kréien. Wanns de nach laang schwëtz dann kascht ën der vleicht schon fofzegtausend. Also véierzegdausend fir t'éischt , fir t'zweet, an fir ... |
| Bopi | (vu lenks) Fofzegdausend (Hannes a Péiter onbeweglech) Wéi? Bidd keen méi fir den aale Klepper? |
| Hannes | (verleeën) Bopi – mir eh, mir haaten eis e klenge Spaass erlaabt. |
| Péiter | Ech sin de Schlaubauer. |
| Bopi | (laacht verschmitzt) Vun dir hun ech schon vill schéi Saachen héieren. |
| Péiter | Geseis de, dann gleews dë jo och dass ech nëmmen dein Bescht am Senn hun. Mir hun elo graad am Eecht verhandelt. Ech hätt dech ganz bei mech geholl well ----- |
| Bopi | Ech weess Schlaubauer. Ech hun alles bei dér Dir nogelauschtert. (zum Hannes) Du wëlls dat et mir fir déi kurz Zeit déi ech nach ze lieuen |

- hun besser geet ewéi bei dir. Daat muss ech dir
 héich urechnen an ech hun neischt dergéint.
 Péiter (*fillt sech gewonnen*) Geseis de! Do héiers de jo.
 Du kënns mat mir dorobber Bopi – daat ass eng
 ofgemaache Sach. Bei mir wärs de e Leiwen hun
 wéi Gott am Frankreich. lessen, schlafen,
 drenken, Karte spinnen an du brauch's neischt ze
 schaffen.
 Bopi Groussarteg!
 Péiter Ech a meng Fra -----
 Bopi Ech weess. Dir künnt nüt ouni Bopi liewen. Mee
 wann ech schon t'grousst Lous zéien, da soll den
 Hannes awer och éppes matkréien derfun.
 Péiter Huet è schon ! Huet è schon ! Zengdausend Euro
 bezuelen ech him fir dech.
 Bopi Zengdausend Euro ! Du hues èm der jo schon
 dressegdausend gebueden.
 Péiter Stëmmt. Fällt mir elo grad erëm bei. Also
 dressegdausend Euro.
 Bopi Neen, daat geet nüt duer. Ech losse mech dach
 nüt zum Braderiespreis verschleideren. Mat
 honnertdausend Euro ass den Handel perfekt.
 Péiter (*no engem déiwen Otemzug*) Ausgeschloss.
 Bass du en Trakter oder è Grousspapp?
 Bopi Ech sin è liewege Grousspapp. Trakteren kanns
 du kaafen esou vill wéiss du wëlls. Mee weiss du
 mir emol eng Buttiksfénster wou e Bopi
 ausgestallt ass.
 Péiter (*greift sech un de Kapp*) Honnertdausend Euro?
 Bopi E Bopi ass e Luxusartikel an dë Luxus dee
 kascht Geld.
 Péiter (*zum Hannes*) Du stees do wéi e Staches a
 mechs t'Maul nüt op. So him dass daat è
 Wucherpreis ass.
 Hannes Ech kann mech nüt dran mëschen. Den Handel
 war fir mech eben nämmen Spaas. Wann hien
 elo selwer Escht mecht, dann sin daat senger
 Saachen.
 Péiter Knubbelbauer, daat ass eng Gemengheet, dass
 du elo neischt méi dofunner wësse wëlls.
 Bopi Déi ganz Riederei huet jo guer keen Zweck (*zum
 Péiter*) Bezills de honnertdausend Euro oder nüt?

- | | |
|--------|--|
| Péiter | Wanns du n t esou unverschimt mam Preis an t'Lucht gaange wiers. |
| Bopi | Fir t'Bopien g tt et keng H chstpreisser.
Moschter mech gudd. Du kriss eng gudd Wuer
(dr int sech op engem Fouss ronderem an klappt
an t'H nn w i e Bayer) Hurra! |
| P iter | Jo, jo, dech keinte mir brauchen. |
| Bopi | An mat mir h tts du m i Freed w i mat drei
Kanarien. |
| P iter | Jo, jo, daat gleewen ech schon – duerfir w ll ech
dech jo och kaaffen – wanns de am Preis n t
esou gepeffert w rs (no enger kurzer Paus, zum
Hannes, kurz entschloss) Also gudd! Paak en an!
Apaaken? |
| Hannes | |
| P iter | N t a Pabeier – an e Mantel. Et ass ziemlech
fr sch dobaussen an ech sin mam Sportswon
hei. |
| Bopi | Vir t eischt muss ech d i honnertdausend gesin.
(greift an t'T sch, bliedert 10 dausender op den
D sch an stecht de Portefeuille er m an t'T sch) |
| P iter | Daat sin der ereischt 10 dausend. |
| Bopi | Daat anert Geld k nnt no. |
| P iter | W ini dann? |
| Bopi | All Mound 10 dausend Euro.
(g ttt dem Hannes de 10 dausend Euro) |
| P iter | Gut Schlaubauer. Dann kanns du haut mein
Nuetsl pp mathuelen, d  Rescht k nnt no. Oder
m ngs du, du k ins mech op Raaten huelen? |
| Bopi | Haut kritt een alles op Raaten. |
| P iter | Mech awer n mmen g int booren Droot. Soss
bleiwen ech am Butek. |
| Bopi | Dir huet Chance dat ech um Moart deen neien
Trakter net kaafe konnt, deen war nach net
ukom, duerfir hunn ech esou vill Moneten an der
T sch (greift an t'T sch an leet 9 P ck
Dausender op den D sch) Hei, n mmen fir dass
du roueg bass. Honnertdausend Euro. |
| P iter | Nujee, daat l ist sech gesin. Abee ech
gratul ieren dir villmols (laacht hart, |
| Bopi | <i>Hannes an Peter lache mat - Jiddereen mengt e Grond ze hun fir
deen aneren auszelaachen. T'Laachen muss dofir ausgesprach
voller Neischnotz klengen)</i> |

Bopi	(zum Hannes) An dem Fritz seess du herno, ech wier t'Kellertraap erofgefall an hätt mir t'Bee gebrach an du häss mech an t'Spidol gefouert. Och gudd. Hie brauch neischt vun dem Handel ze wëssen.
Hannes	
Péiter	(zum Bopi) An elo paak deng siewen Saachen zesummen. Ech huelen dech gleich mat.
Bopi	Daat ass an engem Moment geschitt. Ech kréien alles an mein Nuesschnappech ageweckelt. (of) Scheck mir de Bopi herno eraus. Ech maachen him alt eng gudd Plaatz an mengem Auto.
Péiter	
Hannes	Geet an t'Rei. Ech kommen iech och eng Kéier besichen fir ze gesin wéi der iech verdroot.
Péiter	Daat kanns du roueg maachen Knubbelbauer. Dajee Äddi. (of)
Bopi	(kennt eran. <i>En klengen Hitchen um Kapp, e krommen Reesbengel mat engem Bendel um Reck</i>). Bopi, ech weess nüt waat ech soe soll.
Hannes	Daat mecht neischt. Dann haal de Mond eben.
Bopi	Ech weess et. Daat geet joo duur.
Hannes	Virwaat an aller Welt bezillt hien fir dech honnertdausend Euro?
Bopi	Well hien mengt mat mir nach méi wéi zing mol esou vill erëm ze verdingen.
Hannes	Daat gëtt et dach nüt.
Bopi	Zerbriech der de Kapp nüt doriwer. Sief frou dass du déi honnertdausend Fechs elo esou onerwaart séier kritt hues fir dein Haf.
Hannes	(resselt de Kap) Ech wéisst némme gären -----
Bopi	Ech soen dir némmen daat eent: Den Schlaubauer ass ee ganz grousse Filou. Awer ech sin nach méi ee groussen. Ech hun déi läscht Tromp am Grapp. (<i>Wann e fortgeet, wenkt hien dem Hannes nach an dann geet de Rideau zou</i>).

R i d e a u

II AKT

*Stuff beim Péiter Schlaubauer. Si ass méi schéin
agericht wéi dem Knubbelbauer seng. En Dësch,
eng Benk, eng Fénster an zwou Diren.*

1.Optrëtt

Péiter, August

- Péiter (am sonndese Kostüm, an Hirnsärm, fëmmt t'Peif
bein Dësch a liest an enger Zeitung).
Gust (de Kniecht streckt de Kapp eran zur Dir) Bauer!
Péiter (kuckt rosen op) Waat wëlls du?
Gust Geheis du mech eraus wann ech eran kommen?
Péiter Waats du wëlls hun ech dech gefrot?
Gust (eran) Dech fir eppes froen.
Péiter (kno'tert) Sou eppes héieren ech gären. Also schéiss
lass.
Gust Meng Schwester gëttt mar bestued, an do hätt ech
gären Urlaub bis mar den Owend, well ech op der
Hochzeitsfriess derbei wëll sin.
Péiter (steet op an kennt no vir) Neen, geet nüt grad elo wou
mer an der deckster Arbecht stiechen, neen, ech hun
nüt Leid genuch.
Gust. Soo dach joo. Wann se déi nächste Kéier bestuet gëtt,
sinn ech och schon mat engem halwen Dag zefritten.
Péiter Wou wunnt deng Schwester dann?
Gust Zu Donkels.
Péiter Sou weit ewech? Dajee, fuer mengetwegen dohinner,
wanns du unbedengt bei deem OnGlëck dobei wëlls

sin. Fir déi Zeit awer wous de fortbass, muss du mir én
anere Kniecht besuergen, soss bleiws du hei.
Gust Ech muss direkt fueren. Wou soll ech dann esou séier
een anere Kniecht hirkréien?
Péiter Daat geet mech neischt un. – Wéini ass dann iwerhapt
den Zirkus am Nopeschduerf aus?
Gust Si wären um fénnef Auer erëm hei, huet t'Beierin
gesot. Déi huet sech allerhand geirgert.
Péiter Geirgert?
Gust Jo, well se de Bopi huet misse mathuelen. Iwerall
muss dee Plogeescht derbei sin.
Péiter Du solls dein Mond halen. Ech leiden nët dass esou
iwer dë Bopi geschwaat gëtt.
Gust Ech sinn jo schon roueg (*geet op t'Dir lass*).
Péiter Soo dem Eivchen et soll mir de Kaffi brengen.
Gust Daat ass mat an den Zirkus gangen.
Péiter (*firt an t'Lucht*) Waat? Daat och?
Gust Dë Grousspapp wollt et esou hun.
Péiter (*erem roueg*) Ah sou, dann ass et gudd.
Gust Ech wëll emol den Jeek froen op hien nët fir mech
asprangen wëllt.
Péiter (*setzt sech erëm un den Dësch*) Mengetweegen, mir
ass et ganz egal weens du brengs. Nëmmen breng
mir keen deen manner schafft wéiss du, an awer méi
ësst.
Gust Waat mengs dë, esou een hu mir dach schon um Haf.
Péiter (*kuckt op*) Sou? Ech wéisst awer nët ween daat kéint
sin.
Gust Ma du! (*séier fort*)
Péiter (*ass rosen opgesprongen, setzt sech awer erëm
dohinner*) Daat Groussmaul gëttt och alt nët aal op
mengem Haf, daat steet scho fest. (*hëllt t'Zeitung a
liest*).

2.Optrëtt

Péiter, Ketty

- Ketty (*kuckt zur Fenster eran an dem selwegten Gezei wéi am éischten Akt*) Keen doheem?
- Péiter (*kuckt hanner der Zeitung eraus*) Spills de Blindekuh mat mir oder hues de mech wirklech nüt gesinn?
- Ketty Bass du de Bauer?
- Péiter Neen, ech sin de Kniecht.
- Ketty Hun ech mir gleich geduecht. Kanns du mir nüt soen op de Bauer eng Mood brauch?
- Péiter Hm, t'ass méiglech. Kenns de vleicht eng?
- Ketty Jo, mech selwer. Ass de Bauer doheem?
- Péiter Jo, komm eran, wanns de mat him schwetze wëlls.
- Ketty Gudd ech kommen eran (*fort fun der Fenster*)
- Péiter (*Faalt Zeitung zesummen an steet op*)
- Ketty (*Eran*) Gudde Muergen.
- Péiter Moien och.
- Ketty Dein Bauer muss e gudde Mann sin, well en dech esou lidderech hei leie léist fir t'Zeitung am hellen Doo ze liesen.
- Péiter Ech sin ganz zefritten mat him.
- Ketty Wéi et mat dem lessen stëmmt, brauch ech nüt ze froen, wann ech mer dein Bauch bekucken. A wéi ass et mat dem Schlofen?
- Péiter Gudd. Ech schlofen bei dem Bauer senger Fraa.
- Ketty (*entsaat*) Waat?
- Péiter Ech maachen et jo nüt gären mee ech muss.
- Ketty Muss?
- Péiter Jo, well ech de Bauer sin.
- Ketty Du bass – ah duu bass ën, an ech hun dech fir de Kniecht gehalen, dann kann ech alt schon erëm gleich goen (*Wëllt fort*).
- Péiter Neen, neen, bleiw hei. Du gefälls mir. Kanns de dann och schaffen?
- Ketty Am Stod, am Stall, op der Gewaan – ech kenne mech iwerall aus.
- Péiter Hues de dann och Pobeieren?
- Ketty Drei. Op menger éischter Platz war ech fënnef Joer. Op menger zweeter drei an op menger leschter zwee. Do huet esou en aalen Grobart mir t'Liewe sauer Gemaach, soss wär ech elo nach do.
- Péiter Da weiss mer emol deng Pobeieren.
- Ketty Meng Valise ass nach op der Gare an do sinn se drann. Soll ech se siche goen?

- Péiter Ech wëll der emol eppes soen, veierzeng Deeg probeieren ech et mat dir.
- Ketty An der Rei – mee daat probéieren berout op Gegenseitegkeet. Wann et mir nüt hei gefällt da gin ech vum selwen.
- Péiter Da géi deng Valise emol sichen. Du kanns hei bleiwen. Bei mir heecht et awer upaaken. De leschte Mound hun ech der gleich drei erausgeheit. Wann neicht matt der lass ass, da flits de och a 14 Deeg.
- Ketty A wann neicht mat dir lass ass, dann fléien ech schon no 8 Deeg, awer vum selwen.
- Péiter Wanns de mat den Hänn och esou vive bass wéi mat dengem Mondsteeck, da sinn ech mat dir zefritten.
- Ketty A wanns du mat dem Bezuelen grad esou séier bass wéi mam erausgeheien, dann kann ech jo och zefritten sin (of).
- Péiter Daat huet der fleicht eng Peffermillen. Et drescht mam Mond nach méi séier wéi mein Greef.

3.Optrëtt

Péiter , Eivchen dann Gust

- Eivchen (*ouni Otem zur Dir eran*) Papp ech brauch eng Box! de Grousspapp ass am Zirkus op engem Elephant geridden an huet sech t'Box vun uewen bis énnen opgerass. Wann e keng Box kritt, kann en nüt heemkommen.
- Péiter (*jeitzt*) Waat huet de Bopi dann op engem Elefant verluer?
- Eivchen Hien huet gesot e geng och emol gär op engem Elephant reiden.
- Péiter Wou soll ech dann elo esou séier eng aner Box hierhuelen? Meng sin em dach nüt moss.
- Eivchen Gëf him eng vum Gust, vum Kniecht. Si muss jo nüt schéin sin. Haptsaach hie kann se undoen.
- Péiter Dann huel der eng beim Gust an der Kummer,sie muss jo opsin. Ass den Zirkus da schon aus?
- Eivchen Neen, elo trett de Feierfrësser nach op.
- Péiter Passt nëmmen op dass de Bopi nüt nach Idi kritt fir Feier ze friessen.

- Eivchen T'Mamm huet sech hallef op e gesaat, fir dass en n t opstoe kann. An durno kommen nach Fraen d i matenaner catchen.
- P iter Waat g tt am Zirkus och nach gekn tscht. Pass op dass deng Mamm n t och nach an de Ring geet, soss fueren do Sp in ewech.
- Eivchen De catch darf ech n t verpassen (*leeft fort*)
 Gust (*vun dobaussen*) Ma da renn mech dach n t iwer e Koup. (*k nnt eran*). Eng verreckt Welt d i Fraleit.
- P iter W i ass et dann elo? W llt de Jeeck dann esou laang fir dech asprangen?
- Gust Neen, huet e gesot. Bei esou e Leitssch nner gin ech n t, huet e gesot.
- P iter Deen Dreibitz ass vleicht nach eng K ier frou wann e bei mir de Stall m schte kann. Mee da g tt et jo dann neischt mat dengem Urlaub.
- Gust Meng Schwester huet mir awer geschrieben, ech misst onbedengt kommen. Ech soll n mlech op de Breitchemann oppassen, dass en n t nach aus der Kirch fortleeft.
- P iter Daat ass mir egal. Mengetwegen kann deng Schwester s mtlech Kirchendieren zounelle lossen (*d int sech em, fir an t'Schlafkummer*) Ech lee  mech e Streppchen. Siew esou gudd an erwech mech wann meng Fraa er m k nnt.
- Gust Sou fest kanns du jo guer n t schlafen dass du dee Kam idi n t h iers.
- P iter (*An der Dir*) H lls de wuel t'Maul!
- Gust En Donnerwieder n t nach – w i soll en sech hei uleen fir fortzekommen.

4.Optr tt

Gust a Fritz

- Fritz (*n t grad Sonndes ugedoen mat Velopetzen un der Box, e Rucksack um Bockel, eran*) Moien, ech h tt g r mam Bauer geschwaat.
- Gust Dee pennt.

- Fritz Dat ass domm. Et wir eppes séier Wichteges.
- Gust Ma du kanns mir et jo emol fir t'éischt soen. Wann ét dann esou wichteg ass, dann hunn mir de Bauer och nach séier wakreg.
- Fritz Ween bass du dann?
- Gust Ech sin de Kniecht op sengem Haf.
- Fritz Ass seng Fraa dann nét heiheem?
- Gust Neen.
- Fritz An – an – t' Eivchen och nét?
- Gust Neen.
- Fritz (*Paus*) Daat wärt wuel esou e richtegt Trampeldéier sin, daat Eivchen, hein?
- Gust (*hällt eng Photo aus dem Kader vum Schaaf an hällt dem Fritz se dohinner*) Ass daat vleicht én Trampeldéier?
- Fritz Donnerwieder, nött schlecht. Flott esouguer. Hm, schued dass némmen déi iewecht Halschecht op dem Bild ze gesin ass.
- Gust (*hällt déi aaner Halschecht aus dem Tirang*) Hei hues de t' Fortsetzung, de Bauer huet se an der Mëtt durch gerappt, well se soss nét an t'Rum eran gange wär.
- Fritz (*kuckt déi énnesch Halschecht an hällt déi aaner an der anerer Hand*) Daat ass jo allerhand ech muss soe waat ass (*gëttt dem Gust déi 1.Halschecht erëm*) Hei, mein Dank ass grouss.
- Gust An t'Eivchen ass och e gudd Meedchen! Vu weem sie daat gëiewt huet, bleiwt e Rätsel. Vun der Mamm huet hätt si et nét, an nu guer nét vum Papp.
- Fritz (*kuckt émmer op t'Bild*) Ech komme mir es nét zou (*Stecht t'Bild an Täsch*).
- Gust (*hällt him et erëm eraus*) Nee mei Beschten, daat gëtt et nét (*leet déi zwou Halschechter op hir Plaatz zreck*) Geseit hat dann tatsächlech esou aus wéi op dem Bild?
- Gust Tatsächlech, némmen nét an der Mëtt durchgerappt.
- Fritz (*vertraulech*) Soo – ech wëll dir elo emol eppes erzielen. Mein Papp an dem Eivchen sein Papp hunn énnerenaner ausgemaach dass ech t'Eivchen bestueden soll. Ech hun mech dergéint gewiert, well ech et jo guer nét kennen. Do sin ech einfach mam Töff heihinner gefuer kom, fir mir et emool unzekucken.

- Gust Kuck der et roueg mool un, du bass jo deejeenegen,
deem et wéinstens dreimol an der Stonn t'Aan
auskraatze wollt.
- Fritz Et kennt mech jo och nach guer nüt.
Gust Da kann et dech jo elo kënne léieren.
Fritz Aus där UrsAACCH sinn ech jo heihinner komm. Ech
muss soen waat ass, daat Bild gefällt mir. Nëmmen
ech geng och nach gär wëssen wéi ech soss mat em
dru sin.
- Gust Ech hun der jo scho gesoot et ass eng gudd Séil.
Fritz Daat kann ech gleewen wann ech wëll.
Gust (*kuckt en e pur Sekunden un, fiert sech mat der*
flacher Hand vun uewen no önnen iwert t'Gesicht a
paakt sech nodenklech un de Kenn) Soo – hues du
Loscht fir bis mar den Owend als Kniecht hei ze
bleiwen?
- Fritz Ech?
Gust Meng Schwester gött bestued. De Bauer gött mir awer
keen Congee, wann ech him fir déi Zeit keen
Ersatzkniecht fannen. Wanns du a menger Platz als
Kniecht bis mar hei bleiws, da kanns de der jo
t'Eivchen fun méi no ukucken.
- Fritz (*begeeschtert*) Super! Kolleg, daat maachen mer.
Gust (*hällt em t'Hand duer*) Also ofgemaach, du bass jo
averstanen?
- Fritz (*schléit an*) Ofgemaach! Sou ass eis allen zwéin
geholllef.
- Gust Herrjeeminee, waat wärt meng Schwester sech
freeën. Wéi heechs du dann?
- Fritz Fritz.
Gust Also vun elo un heechs du Batty, du bass mein Frénd
dee mech besichen kom ass. Ech sin de Gust.
- Fritz Wann alles gudd geet, da gin ech och eng Tournee
zum Beschten.
- Gust Déi Sproch lass ze verstoen. Meng Schwester wärt
mech fu Freed erdrecken.

5.Optrëtt

Déi Vireg – Péiter

- Péiter (rosen aus der Schlofkummer) Himmeldonnerwieder nach emol, bei deem Geschnadder kann een jo nüt schlofen. (*geseit de Fritz*) Waat mechs du dann hei?
- Gust Daat ass mein Frënd Batty, deen bis mar den Owend fir mech asprengt.
- Fritz Ech wollt eigentlech nämmen mein Frënd Gust besichen. Well ech awer grad neischt fiirhun, kann ech bis mar den Owend an senger Platz heibleiwen, wanns de neischt dergéint hues.
- Péiter Mir ass et egal, wien t'Arbecht mecht, t'Haptsaach ass si gëtt gemaach.
- Fritz Dorobber kanns du dech verloossen.
- Gust Kann ech elo goen, Bauer? An enger véierel Stonn firt mein Zuch.
- Péiter Maach dech ewech! Mee bleiw mir nüt direkt déi ganz Woch fort.
- Gust Keng Angscht, wann ech nüt direkt och nach Daafpätter muss spinnen, da sin ech erëm geschwënn hei.
- Péiter (*zum Fritz*) Haut de Mëtteg hues de nach frei.- Haut den Owend muss du awer drun, an zwar am Stall. Kéi an t'Pärd mëschten.
- Fritz Wéiss du et gären häss. (*zum Gust*) Da gin ech elo nach mat dir op t'Gare a kucke mir t'Duerf e wéineg un.
- Gust Dajee äddi Bauer, a sief nüt traureg. Mar hues du de Gust erëm. (*zum Fritz*) Dein Töff kanns du an den Holzschaapp stellen an a menger Kummer kanns du schloofen. Komm mat, ech weisen dir alles. (*an der Dir*) Herrjeeminee, waat wärt meng Schwester Aa maachen, wann se mech geseit (*mam Fritz fort. Fu weit eng rosen Stëmm vun enger Frau déi séier méi no kënnt*).
- Péiter Mir schengt et wéi wann meng Aal schon an der Strooss geng sangen. (*kuckt zur Fenster eraus*) Se jeitzt wéi wann den Elephant se op t'Féiss getrëppelt hätt.

6.Optrëtt

Péiter – Gréit

- Gréit (*opgeregt eran*) Fir dass d'ët gleich weess. De Bopi
muss erëm aus dem Haus! Nët eng Stonn méi bleiwen
ech mat deem Ongeheier énner engem Dach.
- Péiter Waat ass dann némme lass?
- Gréit Et ass nët ze gleewen. Mëtten énnert de Leit deet dee
Kärel déi fatzeg Box aus an deet déi ganz un. Ech hätt
mech kunnen an den Erdbuedem verkriechen, esou
hun t'Leit gelaacht.
- Péiter Ma dann häss de besser sollen op en oppassen.
- Gréit (*mecht en noo*) „Oppasse sollen, oppasse sollen“ –
wéi e schon am Kalzong do stong. Wéi ech e wollt
zoudecken do hunn t'Leit eréicht gelaacht. Nëmmen
daat schéinst kennt nach. Geheit deen Hanswurscht
mir jo nët déi zerasse Box iwer de Kap a sengt
„Schengt man sich Hosen in Tirol, weiss man was das
bedeuten soll, do hun ech mech aus dem Stëpps
gemaach. An ech soen dir et elo nach eng Kéier, de
Grousspapp muss direkt aus dem Haus.
- Péiter De Grousspapp bleiwt hei.
- Gréit Neen è geet.
- Péiter An e bleiwt hei.
- Gréit Da gin ech.
- Péiter Hällt vleicht een dech zreck? Huet hien dir eppes zu
Leeds gedoen? Déi puer Spiichten, déi e mecht, dinn
kengem wéi. En henkt souwéisou schon de ganzen
Dag an senger Fautell an ass mat allem zefritten.

- Gréit Ried du nämmen. Ech dulden en nüt länger. De Kärel verschampeléiert mir nach t'ganz Familjen.
- Péiter An ech soen der e bleiwt hei. A waat ech soen daat ass a bleiwt gesot an domadde basta. An ech hale mir fiir, dass diir mat dem Bopi aanescht émgitt. Zwanzeg Mol hun ech dir et scho gesot, du solls en nüt esou ubillen.
- Gréit Ech wees, fun hannen a fu fir soll ech e bedengen, daat beschte Steck Fleesch muss e kréien, ech muss him de beschte Kaffi maachen – deem wärt ech eppes houschten!
- Péiter (*trompt op*) Neischt wärts du him houschten, du wärs daat maachen, waat ech dir soen, soss kanns du mech emol posaunen héieren, daat dir t'Trommelfell platzt.
- Gréit (*am krecherechem Toun*) Wéint dem Lidderhaanes muss ech mech och nach vun dir esou ubrölle lossen. Mir Frae sin iwerall verstouss. Wir ech dach nämmen als Mann op t'Welt komm.
- Péiter Daat wär mir och léiwer gewierscht.
- Gréit Ech geng awer emol gär wëssen firwaats du esou Hand iwer de Bopi hälls! Dass du en aus lauter Matleed matbruecht hues, kanns du dem Deiwl senger Groussmann verzielen. Do stecht éppes aneres derhanner.
- Péiter (*steppelt*) Do kéinst de emol recht hun.
- Gréit Do geseis de. Do hu mer et jo . An ech darf emol nüt wëssen waat
- Péiter Wells de dei Mond nüt haale kanns. Weess du waat mer verléieren wanns du deng Gabberjoul ze weit opreiss? Zwee Heiser.
- Gréit Waat fir eng Heiser?
- Péiter Déi zwee Heiser déi enges gudden Dags eis gehéieren, wanns du mam Bopi esou émgees wéi ech dir et schon honnert Mol gesoot hun.
- Gréit Elo weess ech nach émmer neischt.
- Péiter Daat ass nach zevill.
- Gréit Fénnefanzwanzeg Deiwelen sollen mech Dag a Nuecht pengegen, wann ech ee Stierweswiertchen doriver verléieren.
- Péiter Ech hun dem Knubbelbauer de Bopi fir honnertdausend Euro ofkaaff.

- Gréit (*fällt mat offenem Mond op e Stull*) Waat hues du? –
 Gëtt et daat dann nach?
- Péiter Alles gëtt et, wann ech mir mat 100.000 Euro zwee
 Heiser kaaff hun.
- Gréit Em Goddesbiddeswëllen! Wéi kann dann nëmmen e
 Mënsch sein Bopi verkaaffen?
- Péiter Et ass jo sein emol nët. Hien huet e fu senger
 verstuerwener Fra geirwt. Wann et sein gewierscht
 wir, dann hätt ech e bestëmmt nët esou bëlleg kritt.
 Weess de, ech hat emol de Pärdshändler Pauly
 getraff an do hun mir eis esou iwer t'Leit ännerhaalen
 an do hun ech héieren, dass et dem Knubbelbauer
 schlecht geng goen. No enger Zeit huet de Pauly gär
 seng Adress gehaat fir him ze schreiwen, dass en de
 Geck nët méi mat sech maache geng losse. Deen
 Aalen geng èmmer maachen wéi wann e keen Hiem
 fir an t'Box hätt an dobei hätt en awer zwee Heiser.
- Gréit Sou ee Fues. Wou sinn dann déi Heiser?
- Péiter Daat wees ech nët. Daat ass jo och egal. t'Haptdaach
 se sin do. A wanns de fir 5 Euro (*tippt mam Fanger op
 t'Stir*) Grëtz an der Schiebel häss, da gengs de
 agesin, wirwaat ech 100.000 Euro ausgin hun fir de
 Bopi ze kréien an firwaat ech drop haalen, dass e
 gudd behandelt gëtts.
- Gréit A elo verstinn ech. De Bopi soll eis déi zwéin Heiser
 vermaachen.
- Péiter A. Endlech huet et bei dir gefonkt. Mee meng nëmmen
 nët dass hien eis déi Heiser vermecht, wanns du esou
 mat him emsprengs.
- Gréit Oo du bass mir awer e richtege Luussert. Virwaat
 hues du mir daat nët schon éischter gesot. Elo geseit
 déi Saach ganz aneschter aus. Wa mer daat gengen
 färdeg brengen, dass de Bopi eis als seng Irwen geng
 betruchten.
- Péiter Daat musse mir färdeg brengen.
- Gréit Da brauche mir jo guer nët esou laang ze warden bis
 daat schéint Haus bei der Schoul verkaaff gëtt.
- Péiter Neen, mir bezuelen esou laang Hauszens hei bis de
 Bopi sech durch t'Latte mescht.
- Gréit (*rennt durch t'Stuff*) Ech – ech sinn elo jo esou
 opgeregt, dass ech baal kee Wuert erauskréien.
- Péiter Elo weess de jo, wass de ze maachen hues, fir dass
 déi Heiser eis nët lanscht t'Nues gin.

- Gréit. Brauchs keng Angscht ze hun. Ech sin elo fréndlech mat him, grad wéi wann hien all Daag Gebuerstdaag hätt. Et wärt him nach herno leed din, dass hien eis am Platz zwéin keng drei Heiser vermaache kann.
- Péiter So awer kengem eppes – och dem Eivchen nüt. Undeem huet en sou wéi sou schon en Af gefriess.....
- Gréit Wieni schwetz du dann mat him, wéinst dem Testament?
- Péiter Wann en sech bei eis gudd ageliewt huet an sech wuel fillt.
- Gréit (eifreg) Duerfir wärt ech scho suergen. Losse mer direkt ufänken. (fort) (*kennt erëm mat engem Polster fir an t'Fautell wou de Bopi sech dropsëtze kann*) A Bounekaffi soll e kréien, wéi wann en fir en Tierk bestëmmt wir.
- Péiter Dann haal dech nüt laang hei op an maach dass de an t'Kichen kenns.
- Gréit Alles muss ech maachen, èmmer nëmmen ech, well keen Dingschtmeedchen am Haus ass.
- Péiter A jo, elo hat ech daat baal vergiess, ech hun eent ugeholl, eent daat nüt iwel ass.
- Gréit Gott sei Dank.
- Péiter An de Gust huet bis maar den Owend frei well seng Schwester bestued gëtt. Fir déi Zeit bleiwt sein Kolleg Batty um Haf als Kniecht. Hie war de Gust zoufälleg besiche komm.
- Gréit (séier) Jo, jo, ass scho gudd. Domadden kann ech mech elo nüt ophaalen (Geet fort) Wann ech nëmme wéist wou ech esou séier e Kranzkuch hierkréich.
- Péiter Waat mechs du dann mat engem Kranzkuch?
- Gréit Schum dech, dass du daat emol nüt weess. Fir eise léiwe Bopi, deen esst dach de Kranzkuch esou gär, du Dussel (fort).

7.Optrëtt

Péiter, Bopi, Eivchen

- Bopi (*mam Eivchen eran. Hien huet dem Gust seng Box un. Eivchen dréit déi zerasse Box zesummengerullt énner dem Arm*) Moie Bauer, hei si mer erëm do.
- Péiter Ma wéi war et dann?
- Bopi Schéin. Wonnerschéin ! Am léiwsten wär ech haut den Owend nach eng Kéier dohinner gangen.
- Péiter Ma daat kanns de maachen, du brauchs et nemmen ze soen.
- Bopi Neen, neen, daat kascht zevill Souen.
- Eivchen O waat! Déi puer Euro. De Papp bezillt dech (*Ieet t'Box op t'Ouwebenk*)
- Bopi Abee, dann iewerleeën ech mir et nach eng Kéier, wann dir et gären esou hätt.
- Eivchen (*jubelt*) Fein, da kucken mir eis t'Léiwen och nach eng Kéier un.
- Péiter Waat? Huet dir och Léiwen gesinn? (*zum Bopi*) Haas du da keng Angscht?
- Bopi Ech nüt, mee t'Léiwen.
- Péiter Neen, daat gleewen ech der nun awer nüt.
- Bopi Dach daat kanns du gleewen. Deng Fraa soutz dach niewent mir.
- Péiter (*laacht*) A sou, dorunner hun ech guer nüt geduecht. – Lauschter emol Bopi, wëlls du haut de Mëtteg nüt mat mir Keele spille goen?
- Bopi Neen. Dass t'Klatze rullen daat wees ech. An virwaat een Keelen emgeheit, wann de Keelebouf se dach erëm direkt opricht, liicht mir nüt an. Ech bleiwen heiheem. Ech hun haut scho genuch Féidéieren gesin.
- Eivchen (*féiert de Bopi op t'Fautell*) Komm Bopi, setzt dech.
- Bopi Firwaat soll ech dann émmer sätzen? Well ech Grousspapp sin?
- Eivchen Neen, fir dass ech dir e richtege Kuss ka gin.
- Bopi Da sätzen ech mech awer ganz séier. Mee wofir kréien ech dann e Kuss?
- Eivchen Dofir, wells de am Zirkus esou lëschteg waars (*Kësst en op de Bak*).

Bopi (*kichert*) Jo, daat war der e Mordsjux!
 Péiter Waat huet dir dann am beschten gefall?
 Bopi Dass deng besser Halschecht sech esou iwer mech
 geirgert huet. Du häss hirt Gesicht misse gesin, wéi
 ech op dem Elephant soutz. Sou muss den Herodes
 ausgesinn hun, wéi en t'Kanner schluechten geloss
 huet .(*laacht*) An durno deen Theater mat der Box.
 Wann ech nüt grad eng Jick am Mond gehaat
 hätt, hätt hatt mech bestëmmt ganz ofgeschleckt.
 Péiter Ech mengen du dees hir Onrecht, Bopi. Si haat
 bestëmmt Angscht du gengs fum Elephant eroffaalen
 an dech ouni Box erkaalen.
 Bopi Neen, neen, dann mecht e keen Gesicht wéi en
 opgestopte Kueder, dem t'Hoer zu Bierg stin. Du wärs
 jo gleich selwer gesin, waat ech fir en Donnerwieder
 ze héieren kréien, wann ech hir firun t'Fisemine
 kommen.

8. Oprëtt

De Vireg- Gréit

Gréit (*am Schietech ganz frëndlech*) Aa de Bopi ass schon
 do (*geet mat offenen Aerm op en dur*) Wéi wann ech
 daat nüt geaant hätt. (*Ermerbelt hien, dreckt hiere Bak u sein*) Hues bestëmmt schon ordentlech Honger,
 wéi? Gleich kënnt de Kaffi. Setzt de gudd op dengem
 Këssen? Hun ech extra fir dech aus mengem Bett
 geholl. (*Klappt ém liebkosend op de Bak*) Et wärd dir
 scho gefaalen bei ons, Bopi. Eivchen, komm mat an
 t'Kichen, fir dass mer méi séier färdeg gin.
 Bopi (*huet se riicht eweg ugekuckt, kuckt hier eng Sekund laang no, an dann zum Péiter*) Wien waar daat dann ?
 Péiter (*laacht*) Ma kenns de dann meng Fra nüt erëm?
 Bopi Neen. Wou a wéini hues du si da reparéiere geloss?
 Gréit (*streckt de Kapp zur Dir eran*) Bopi, waat wëlls de fir
 de Kaffi? Kuch oder Botterschmieren?
 Bopi Schwengskapp!

- Gust Sou ass et richteg. Nëmmen èmmer soen, waats de
gären hues (*of*).
- Bopi Waat ass dann an deng Fraa gefuer? Fun deer Seit
können ech se jo mol guer nët.
- Péiter Waat soll schon an se gefuer sin? Guer neischt. Sie
huet sech eben un dech gewinnt. Elo éinescht huet se
mer nach gesoot daat se dech esou gudd brauche
kéint.
- Bopi Waat Saache, waat Saachen !
- Péiter Wéisou waat Saachen, waat Saachen ! Sou e lériwen
Mann wéi dech muss ee jo einfach gär hun.
- Bopi An du, hues du mech dann och gär?
- Péiter Hätt ech soss honnertdausend € fir dech bezuelt?
- Bopi (*leet sech behaglech an t'Fautell*) Na, mir kann et jo
recht sin. Nëmmen elo hun ech Duescht.
- Péiter Soll ech der eppes ze drenke brengen?
- Bopi Jo, awer nët fun der Pompel.
- Péiter Neen, neen, aus dem Keller (*an der Dir*) roude Wein
oder Miseler?
- Bopi Fir t'éischt Miseler.
- Péiter (*of*)
- Bopi (*hëllt seng Peif aus dem Paltong, hiewt sech op, sieht
an der Box no Fixfeier, fënnt dodranner e klengt
Notizbuch*) Hei elei ?! Waat ass dann daat? Do huet
een mir en Notizbuch an meng Boxentäsch gestach?
(*Heen stecht Peif erëm an a liest*) „ Schlaubauer ist ein
gemeiner Lump. Heut hat er den Bauern Tim, der
sowieso nichts hat, mit einer Geiss angesch... (bliebert
ëm a liest firun) ...issen. Schlaubauer ist ein
schlechter Kerl, der seinen Namen nicht gestohlen
hat. Jetzt hat er wieder dem Wirt beim Kartenspiel ein
ganzes Fass Wein abgeschwindelt (*bliebert, liest*) „
Schlaubauer ist (*brecht of well de Péiter era kennt,
stecht t'Buch séier an Täsch*)
- Péiter (*mat Muselwein eran*) Sou Bopi elo läsch dein
Duuscht. Et ass Rulänner, eng gudd Zort.
- Bopi (*nodeem en e kräftegen Schluck geholl huet*) Aa, dee
léist sech drenken. Wou hues du den Wengschen
dann hier?
- Péiter Deen huet mein Bruder mir fir den Geburstdag
geschenkt.

- Bopi (*nippt um Wein*) Sou! sou! Mir schengt et de selwegte
Wein ze sin deen een beim Wirt hei am Duerf kritt.
Käft den sein Wein fun dengem Brudder?
- Péiter Daat ass scho gudd méiglech. Ech hun hien nach nüt
durno gefrot.
- Bopi (*streckt de Fou'ss fir*) Zéi mir t'Schung aus!
Péiter (*zeckt en Ament, zitt dem Bopi dann de Rietze Schung
aus*).
- Bopi (*streckt de lenken och vir*) deen aneren och.
Péiter (*mecht et*).
- Bopi An t'Kummer domadden an meng Schlappen
heihinner!
- Péiter (*richt sech op a kuckt de Bopi nüt grad frendlech un*)
Wou stinn deng Schlappen dann?
Bopi Sich, du wärs se scho fannen.
- Péiter (*steet onentschlossen, de Bleck op de Bopi gericht*)
Glotz mech nüt esou domm un – fleiss dech!
- Péiter (*dréit sech onsecher ém*)
Bopi (*stéisst en mat dem Fouss virun*) Nu maach schon!
Péiter (*dréint sech rosen ém, besennt sech, stëmmt en
gezwongent Laachen un, wou de Bopi mathëlleft an
geet mat de Schung riets fort*).
- Bopi (*zitt Notizbuch erëm aus der Täsch*) „ So ein
schlechter Dickkopf. Et haut der Eva in der Stube eine
runter, weil sie den nicht heiraten will den ihr der Alte
ausgesucht hat“ – Interessant! Do huet jo ee sech
dem Bauer seng Sënnen opgeschriewen (*laacht,
stecht t'Buch erëm séier ewech, well de Péiter kënnt*).
Péiter (*mat enger Schlapp eran*) Ech hun nämmen eng fond.
(*Geheit him se firun t'Féiss*)
- Bopi A jo, et fällt mir elo grad an dass ech mat deer anerer
no dem Hunn geheit hat, well den esou an engem
Steck firun menger Fenster gekréit huet. Da muss
déri nach am Haff leien.
- Péiter (*mat sauerem Laachen*) Den Hunn?
Bopi Dee vleicht och – mee soo emol, Schlaubauer, wiem
seng Box hun ech dann eigentlech hei un?
- Péiter Daat ass dem Kniecht seng, dem Gust. Passt se der
nüt?
- Bopi Prima, esou gudd huet mir nach keng Box gepasst.
Péiter Ma dann haal se nämmen, ech kaafen dann dem Gust
eng aaner, wann daat him neischt ausmecht?

- Bopi Waat bass du awer emol fir ë gudde Kärel. Ech soen dir och villmols merci an ech wärt dir och emol eng grouss Freed maachen.
- Péiter Daat brauchs du guer nët, mir hun souwi'sou schon fu murges bis owes eis gälleg Freed un dir.
- Bopi Daat ass guer neischt. Mat mir wärts de nach Freed erliewen, dass et der kaal a waarem dë Bockel erafleeft.
- Péiter (*frou*) Ass et wouer?
- Bopi Schwätze mer elo nët méi dervun. Alles brauch seng Zeit.
- Péiter (*hëllt dem Bopi seng Hand*) Ech mengen mir verstinn ons.
- Bopi Ech dech ganz bestëmmt.
- Péiter Ech dech och. An ech soen dir nämmen eent, bei eis solls de mëll leien, sou laang wéi den Hergott dir t'Liewen schenkt – An elo gin ech der emol deng aner Schlapp sichen.
- Bopi (*rufft èm no*) Schlaubauer !
- Péiter (*dréint sech an der Dir èm*) Waat gelifft?
- Bopi A wann ech emol net méi an dëser Fautell sëtzen, da leis du mëll.
- Péiter (*wéinkt of a fort*)
- Bopi Awer am Dreck, mei Beschten (*drenkt sein Glas aus*).

9.Optrëtt

Bopi, Eivchen

- Eivchen (*mam Dëschelduch, daat et iwer den Dësch ausbreet*) Elo ass et gleich esou weit, Bopi. (*iwer dem Schwetzen setzt et Telleren an Leffelen op den Dësch*)
- Bopi Lues,lues, esou presséiert sin ech awer nët vir de Kaffi ze kréien.
- Eivchen Des Kéier kriss du e ganz gudden. Deen hun ech selwer gekacht.
- Bopi Du göss mir eemol eng gudd Baierin, esou schengt et mer. Hues du da schon een begaachelt?

- Eivchen Wann et dem Papp no geng goen, dann hätt ech scho laang een, Well et awer mir nogeet, hun ech nach keen.
- Bopi Do hues de recht. Loss der keen opschwetzen deens de nüt wëlls, a wann dei Papp och aus der Haut geng fueren. Eng op t'Ouer dauert nüt esou laang wéi e muedebetzecht Bestiednes.- Wien soll et da sin?
- Eivchen O, keen vun hei. Ech hun en mein Liewdag nach nüt gesin. Hues du scho jee emol esou eppes héieren. Daat ass jo schlëmmer wéi bei den Siddiën.
- Bopi Wärt wuel e reiche Bauer sin, mat engem oder mat zwéi Plattféiss?
- Eivchen Daat hunn ech mer och geduecht. Nëmmen mein Papp schwetzt elo nüt méi dofunner.
- Bopi Vleicht sicht en een, mat nach méi enger grousser Mëscht virun er Dir.
- Eivchen Daat ass méiglech. Mee wann e mer nüt gefällt, kann hien en sech un den Hut spengelen.
- Bopi Ass der dann nach keen iwer de Wee gelaaf, dein dein Herz méi séier schloe gedoen huet?
- Eivchen Bis haut nach nüt. Ma dee wärt scho kommen. A wann en dann eng Kéier virun met steet, dann huelen ech en a wann et en Zigeiner ass.
- Bopi Mech hëlls du dann mat als Kannermod.
- Eivchen Versteess du dann mat Kanner èmzegoen
- Bopi Op Kanner oppassen, ass dach kee Konschtsteck.
- Eivchen E Kannermeedchen muss awer nach aner Saachen kenne, mei léiwe Bopi.
- Bopi Weess ech, buede geng ech dir se och.
- Eivchen Wees du dann domadde Bescheed?
- Bopi Kloer. Wann t'Kand rout gëtt ass t'Waasser ze warm, wann et blo gëtt, ass et ze kaal.
- Eivchen (*laacht*) O du, da bueden ech meng Kanner awer léiwer selwer.
- Bopi (*steet op*) Eiv, ech gin elo e wéineg op meng Kummer.
- Eivchen Mee de Kaffi kënnt dach geschwënn.
- Bopi Mecht neischt, wann en op dem Dësch steet, da riffs de mech. Ech hun esou e schéint Buch ze liese, dass ech guer nüt ofwaarde kann bis ech et gelies hun.
(*geet fort*)
- Eivchen Waat ass daat fir e Buch?
- Bopi En Draambuch.
- Eivchen An daat ass esou schéin fir ze liesen.

Bopi Jo, wanns du daat liess, da mengs de du géifs
 dreemen. (of)
Eivchen (och of).

10.Optrëtt

Fritz- Eivchen

Fritz (*kënnt eran, mam Hut an dem Grapp a kuckt sech ëm*)
Eivchen (*séier mat Brout, Fleesch, Kuch. Bleiwt iwerrascht stoen, wann et de Fritz geseit*) Sichs de een bei eis?
Fritz Ech sin äré Kniecht, a vertrieden deen bis mar den Owend, wann en fun der Hochzeit vun senger Schwester erém kennt. De Bauer ass domadden averstanen.
Eivchen Sou? Heielei, dovunner weess ech jo nach neischt. (*Stellt alles op den Dësch*).
Fritz Ech hätt eigentlech eréischt brauchen haut den Owend ze kommen. Nëmmen waat soll ech esou laang ufenken. Am Duerf hun ech mech ëmgekuckt a soss sinn ech nüt firwetzig.
Eivchen (*kuckt en mat sichtlechem Interessen*) Wéi heeschs du dann?
Fritz (*iwerrompelt*) Wéi ?
Eivchen Wéis de heechs?
Fritz (*denkt ugestrengt no, dann verleeen*) Mengs du daat geng mir elo afaalen.
Eivchen (*laacht*) So lauschter emol, du wärs dach nach wëssen wéiss du heeschs.
Fritz Henri heeschen ech. Gefällt dir deen Num?
Eivchen Joo, dee gefällt mer.
Fritz Ma da bleiwen mer derbei. An du heeschs Eva nüt wouer?
Eivchen Wouhir wees du dann mein Num?
Fritz O, fum Aloys.
Eivchen Aloys? Wien ass dann daat?
Fritz Ma äré Kniecht fir deen ech hei sinn.
Eivchen Ma deen heescht dach Gust.
Fritz Stëmmt, de Gust. Et ass en aale Frend fu mir. Hien huet mir dein Num gesoot. An elo wär et mir léiw,

- wanns du mir e wéineg Arbecht gengs gin, fir dass Zeit vergeet.
- Eivchen Schaffen - Um Sonndeg?
- Fritz Sonndeg hin, Sonndeg hier, t'Kéi an t'Schwein warden och nüt bis e Méindeg fir Drecker ze maachen.
- Eivchen Du bass mir e komesche Kniecht. Bis haut huet nach all Kniecht sech Sonndes lanscht t'Arbecht gedreckt, an ass, kaum de Löffel aus dem Monn, op t'Rull gangen an eréicht Méindes erém komm.
- Fritz Daat verstinn ech nüt. Huet et hinnen dann nüt leed gedoen, dass se dech esou laang nüt gesin hun?
- Eivchen Wéi mengs de daat?
- Fritz Nu ja, wéi ech daat eben mengen. Wann ech Kniecht hei wär bléif ech èmmer am Haus.
- Eivchen Bass du esou brav?
- Fritz Esou brav kennt ech gin – wann – nëmmen ech soen et elo léiwer nüt.
- Eivchen Du darfs et roueg soen, well ech verstinn vill Spass. Wann – wann mir esou e léiwt Meedchen wéiss du mir all Dag esou schéin Aan geng maachen.
- Eivchen (*kuckt en laachendes Monds un*) Sou?
- Fritz Haut gin ech nüt méi fort. Op iwerhapt e Meedchen frou ass, wann een et verléiwt bekuckt?
- Eivchen Wann dee richtegen et mecht – virwaat soll et sech nüt freeën.
- Fritz (*verhaalen*) Soll ech dech och emol léiw ukucken?
- Eivchen (*laacht*) Probéier et dach emol.
- Fritz (*kuckt mat laachendem Mond an him seng Aan*) Wéi ass et dann elo?
- Eivchen (*seet neischt a rëselt t'Schëlleren*)

11. Optrëtt

Viréig, Péiter

- Péiter (*mat enger vollständeg zerfatztener Schlapp zum Fritz*) Ah du bass schon erém do (*geheit t'Schlapp op t'Benk*).
- Eivchen T'Zeit ass èm ze laang gin. Hie wëllt eng Arbecht.

Péiter Daat ass jo emol eppes ganz neies datt een sech op
 t'Arbecht freeet. (*laacht*) Fu mir aus. Wanns du schon
 nüt bis e Méindeg warde kanns, da géi alt an de
 Schapp a maach Holz kleng.

Fritz Gudd, maachen ech.

Péiter (zum *Eiv*) An du, maach dass de mat dem Kaffi erbei
 kenns. Du wëlls jo nach deng Tata Lisbeth besichen.

Eivchen Ech gin haut nüt méi bei Tata Lisbeth. Ech bleiwen elo
 léiwer heiheem. (*Kuckt schei op de Fritz*).

Fritz (schléit sech op t'Been an deet e Freedekreech – Eva
 fort)

Péiter (*kuckt verwonnert op de Fritz*) Hues du se nüt méi
 alleguer?

Fritz Ech sin esou frou dass ech Holz darf hae goen (of).

Péiter (*rëselt de Kapp*) Nujee, esou Leit muss et och gin.
 Wovunner soll eiseraner soss liewen.

12. Optrött

Bopi, Péiter dann Eivchen

Bopi (*streckt de Kapp zur Dir eran*) Schlaubauer, breng mir
 de Schnaps. Et ass mir nüt gudd.

Péiter (*während en aus enger Flesch séier erausschëtt*) Ja
 wéisou dann? Hues de zevill gies?

Bopi Neen – zevill – geliess.

Péiter (*brengt em t'Glas*) Daat soll een aale Mann och nüt
 maachen.

Bopi (*nodeem en ausgedronk huet*) Ah – elo geet et mer
 erëm besser. Elo verdroen ech nach e puer
 Seiten. (*Speitz firun de Péiter*) Pfui Deiwl -----
 (opgeregt) Waat ass daat doen dann!

Bopi Et ass nüt schéin wann een aal gëtt (*wëllt fort*)

Péiter (*hëllt déi zerfatzte Schlapp vun der Benk*) Bopi, deng
 aner Schlapp huet sech och erëmfond. Den Hond hat
 se an der Këscht a ganz zerrappt.

- Bopi (*geheit him déi aner Schlapp firun de Bauch*) Dann
geff dem Hond des och nach, wann t'Schlappen him
esou gudd schmaachen . – (of).
- Péiter (*mat verhalener Roserei*) Aalen Hanswurscht !
Nëmmen daat mecht neischt fir 2 Heiser kann een
sech schon eppes gefaale lossen. (of) .
- Eivchen (*mat engem groussen Teller Schwengskapp eran a rifft*) Bopi. De Schwengskapp steet um Dësch.
- Bopi (*op de Strëmp eran*) Ass et da schon esou weit? Ma
dann nämnen drop, fir dass daat Schwein och weess
firwaat et geschluecht ass gin.
- Eivchen Ech muss dir awer fir t'éischt eppes soen Bopi.
- Bopi Waat dann ?
- Eivchen Ech soen dir et awer nämnen ganz eleng an du darfs
et kengem eremsoen.
- Bopi Eraus domadden. Mech brengen keng siewe Pärd
derzou èppes ze verroden.
- Eivchen (*beckt sech bei sein Ouer*) Den Zigeiner ass do!
- Bopi (*erschreckt*) Em Goddesbiddeswëllen, du wärs dach
nët am Eescht an en Zigeinerwoon dech eran
bestueden.
- Eivchen Et ass keen richtegen Zigeiner. Mee villméi ass en och
nët.
- Bopi E Musikant?
- Eivchen Neen, een einfache Bauerekniecht.
- Bopi O Mamm, e Kniecht. Daat ass eigentlech neischt fir e
gudd situéiert Baureemeedchen.
- Eivchen Et ass awer e flotte jonge Borscht.
- Bopi Wou hues de deen dann elo esou séier opgegabelt?
- Eivchen Mei Papp huet en haut de Muren am Platz fun dem
Gust geholl well de Gust op t'Hochzeit fun senger
Schwester gefuer ass. Esou baal wéi e firu mer stung
do hun ech gewosst : daat ass en. Du darfs awer
kengem eppes dofunner erzielen.
- Bopi Mengs de dann hie geng och scho brennen?
- Eivchen Jo, an nët wéineg. Deen huet mech ugekuckt –
---- wéi een e schéinen Apel ukuckt ir een drabeisst,
ass et nët esou?
- Eivchen Jo, esou war et.
- Bopi Daat ass alles schéin a gudd. Mee e Kniecht!
Vielleicht iwerlees du dir et nach eng Kéier. Wou ass
en dann?
- Eivchen E mecht Holz kleng.

- Bopi Um Sonndeg? (*dréit sech fir fortzegoen*) Deen muss ech mir ukucken.
- Eivchen (*hällt en zreck*) Bopi, du kanns dach nüt mat de Stremp iwer den Haff goen.
- Bopi Da ruff en emol eran (*setzt sech an t'Fautel*) Ech wöll en gesin, an zwar direkt.
- Eivchen Erziel mer awer dann, wéi en dir gefällt. (*geet an t'Dir a rifft*) Henri, du solls emol erankommen. (*könnt eran*) Hien künnt schon. (*zu der anerer Dir aus*) Do sin ech léiwer nüt derbei (*of*).

13. Optrëtt

Bopi a Fritz

- Fritz (*an den Hiemsärm eran*) Huet ee mech.... (*t'Wieder bleiwen him am Mond stiechen wéi en de Bopi geseit. Hie steet wéi ugeneelt an der Dir*).
- Bopi (*sturkt op de Fritz, reiwt sech mat bilden Hänn t'Aan, kuckt erém op de Fritz*) Ass da keen do, deen mech pëtzt?
- Fritz (*haucht*) Bopi!
- Bopi Aasou Fritz, du heechs elo Henri?
- Fritz Nëmmen bis haut den owend (*séier*) Ech bieden dech Bopi, verroot mech nüt. Mei Papp wëllt jo dat ech t'Eiv bestueden. Do sin ech heemlech heihinner gefuer kom, fir mir dat Mensch emol unzekucken.
- Bopi Aasou du geess spëtzen. An och nach als Kniecht.
- Fritz Majoo.
- Bopi (*laacht*) Jongejonge, daat hues de awer brilliant gemach!
- Fritz Ech sin jo och dein Enkelkand. An duu? Du bass nüt am Spidol?
- Bopi Nach nüt. Wann ech aawer mam Schlaubauer ofgerechent hun, da kann et sin dats de mech dann do fënns.
- Fritz Wéisou daat dann? Waat ass dann nëmmen lass?
- Bopi Neischt ass. Et gëtt eréischt èppes.
- Fritz Wéi künns du dann iwerhaapt heihinner?

Bopi	Daat gëss de och nach zezeit gewuer. Géi elo erëm un deng Aarbecht. Mir können eis nüt, verstaanen.
Fritz	(mat verhaalener Freed) Bopi wann ech t'Eivchen kréien dann,ooo dann.
Bopi	Dann hëlls de mech mat bei dech.
Fritz	Gären. Mee du daarfs mir awer dann keng Spiichte méi maachen.
Bopi	Wann ech méi aal gin, da gin ech och nach méi verstënnech.
Fritz	(of)

14. Optrëtt

Bopi – Gréit- Péiter- Eivchen

Gréit	(<i>mam Kaffisbiitz, hannendrun de Péiter mam Brout a mat neie Schlappen änner dem Arm, zum Schluss Eivchen mat engem halwe Kranzkuch</i>) Bopi komm iessen (<i>stellt of</i>).
Péiter	Bass de schon gudd hongreg ? (<i>stellt of</i>)
Bopi	Elo grad wollt ech kucke goen op den Hond nüt e Steck fun mengen Schlappe rescht geloss hätt.
Eivchen	(<i>a groussem Bou laanscht de Bopi an heemlech</i>) Gefällt en dir?
Bopi	(<i>och heemlech</i>) Mir nach besser wéi dir.
Gréit	(<i>paakt de Bopi enner den Arm</i>) Komm Bopi, ech féieren dech bei den Dësch.
Bopi	Géi mer ewech (<i>streckt t'Féiss an t'Lucht</i>) An de Socken gin ech nüt bei den Dësch.
Péiter	(<i>deet dem Bopi t'Schlappen un</i>) Do hues de gudd mëll Schung.
Bopi	Sinn daat deng?
Péiter	Neen, meng sin dir vill ze kleng.
Bopi	An déi hei sinn mir fill ze grouss. Weem seng sin se dann ?
Péiter	Menger Fraa hiir.
Bopi	Kuck der emol un. Bei deer sinn t'Féiss nach méi grouss wéi t'Mondsteck?
Gréit	Waat?

Bopi	<i>Dreckt d'Gréit op t'Sait)</i> Géi mer ewech (<i>geet bei den Dësch</i>) Daat ass awer e schéine Schwengskapp (<i>kësst t'Fleisch</i>).
Eivchen	(<i>laacht</i>) Elo kësst e schon de Schwengskapp!
Bopi	Jo, well ech en zum Friesse gär hun (<i>setzt sech, déi aner och</i>).
Péiter	Fir t'éischt ëss de de Schwengskapp an dann drenks de de Kaffi.
Gréit	A mar kriss de Hinnercher.
Bopi	(<i>huet sech iwer t'Fleesch hirgemaach</i>) Déi kanns de dir un den Hut spengelen.
Eivchen	(<i>daat denen aneren anzwëschen Kaffi erausgeschott huet</i>) Ma Bopi, Hinnercher sin dach eppes guddes.
Bopi	A watt! Vir e Schniewel, hannen e Schwanz, an dertëschent keng Panz. (<i>sprengt op a jeitzt fir t'Gréit</i>) An esou eppes wëlls du mir virsetzen.
Gréit	(<i>rosen an ännerdoen gemëscht</i>) Neen, neen, du kanns och eppes aneres kréien. Du brauchs eis nämmen deng Wënsch matzedeelen.
Bopi	Mar wëll ech e Büffdeckel mat Zwiebeln – Awer keen deen ech eng hallef Stonn laang enner den Zwiebeln muss sichen.
Gréit	Waats du méi ëss, waat mir méi frou sin.
Bopi	Da wert der wuel nach fill Freed mat mir erliewen. Wéi ass daat dann mat dem Glas Wein? Muss ech dann nach extra drem biedelen?
Péiter	Neen – neen – ech laafe schon (<i>hëllt daat eidelt Glas a fort</i>).
Bopi	(<i>rifft em no</i>) E fröscht Glas, an aus demselwegte Faass, soss schléit et dreizeng.
Gréit	(<i>mat méiséilecher Frendlechkeet</i>) So emol, Bopi, firwaat bass de dann haut esou onzefriddin?
Bopi	Ech onzefriddin?
Gréit	Gefällt et der nët bei eis?
Bopi	O dach, een aale Mann muss sech mat allem ooffannen.
Gréit	Wann mir emol eist eegent Haus hun, da solls du et nach besser an nach méi schéin kréien.
Bopi	Aasou, daat heien Haus ass ert emol guer nët?
Gréit	Mir hun et nämmen gepacht, sou laang bis daat schéint Haus bei der Schoul verkaaff gëtt. Do kriss du eng Stuff, déi nach eng Kéier esou grouss ass wéi deng elo.

- Bopi Brauch ech nüt. Maach nämmen, dass de méi eng grouss Spënnchen kriss.
(mam Glas Wein eran)
- Péiter Endlech. (*hellt t'Glas an drenkt*) Daat hat laang gedauert. Ech hu gemengt du gengs t'Drauwen eréischt plecke goen?
- Péiter Ech hun t'Kellerdir nach misse zouspären.
- Bopi Waat ? Elo spärs de se direkt eräm op. Esou laang wéi ech nach nüt am Bett leien, soll t'Kellerdir opgespaart bleiwen.
- Eivchen Du solls elo neischt méi drenken. Mir kennt et vir wéi wanns de schon ze vill gesippt häss.
- Bopi E Bopi huet nie zevill gesippt (*dreckt de Fleeschsteller op t'Seit, drenkt ouni ofzesetzen, geheit dem Gréit de Rescht entgéint, setzt t'Glas erem ewesch a schenkt sech Kaffi an seng Taass*) An elo gëttt emol probéiert waats du hei fir e Schluutschen zesummengebraut hues.
- Eivchen Mee Grousspapp! Ech hun dach de Kaffi gekacht.
(mecht Zocker an seng Taass).
- Bopi Ah jo, daat stëmmt (*richt de Kaffi*) Wann en esou gudd schmaacht, wéi e richt, da kritt dein Mann eng gudd Kächin. Wéini wëlls du dech da bestueden?
- Péiter Daat huet nach Zeit.
- Gréit Et verpasst jo neischt. E Meedchen, daat genug Goldfechs an der Täsch huet, kritt èmmer e Mann.
- Bopi Do hues de Recht. Et kann sech een eraus sichen wéi et him gefällt. A wann et schon en arme Kniecht wir.
(ronzelt t'Stir) Lues, lues, Sou ass et awer och nüt. Hie muss awer schon eppes klengs hun. Geld wëllt bei t'Geld.
- Bopi A wann et dann iewer en arme Kniecht wir?
(verstoppt mat Méi seng Onrou) Ma haalt dach emol op mat deem Gespréich. Wesst der neischt méi Gescheites iwer Dësch?
- Gréit Do brauche mir iwerhapt neischt ze färten. Den Gust kënnt nüt a Froo an mat engem aneren kennt et nüt zesummen.
- Bopi Sou dann ass jo alles gudd (*fellt seng Tass Kaffi, schneit e grousst Steck Kuch erof a leet daat iwer t'Tass a reecht daat dem Eivchen*) Eivchen breng dem Henri daat.
- Eivchen (*sprengt op*) Ma gär Bopi (*mat dem Kaffi fort*).

- Péiter Henri! Wien ass dan daat?
 Bopi Ma deen, deen am Schapp t'Holz kleng mecht.
 Péiter Heescht deen Henri? Zu mir huet e gesoot e geng
 Batty heechen.
- Bopi Da wärt en vleicht Henri-Batty heeschen. Duebel
 Nimm sin dach modern!
- Gréit (*mat verhaalenem lerger*) Daat wär dach nüt
 noutwendeg gewierscht fir dem Kniecht esou e
 grousst Steck Kuch ze gin.
- Bopi Schwetz nüt. Wéis du jonk wars, do hues de och
 gefriess, wéi eng Kou.
- Gréit (*rosen*) Wéi rieds du mat mir?
- Péiter (*dreckt t'Gréit erem zreck, well et opgesprong war*)
 Scht, scht de Bopi ass haut gudd opgeluegt. Dann
 darfs du nüt grad all Wuert op t'Goldwo leeën.
- Gréit (*Versicht ze grinsen*) Hues de schon Kuch giess,
 Bopi?
- Bopi Ech hun méi Appetit op t'Fleesch, awer nüt op deint
 (zum Péiter). En Zigar kenns du mir gin, alles muss
 ech dir virknaen, fir vum selwen drop ze kommen
 durfir bass de secher ze domm.
- Péiter (*hällt Zigaren aus engem Tirang, deen opgespart ass
 gin, wëllt erem zouspären*).
- Bopi Loss de Schlüssel stiechen (*Hällt eng Zigar aus der
 Këscht, hällt him t'Spetz virun de Mond*) Oofbeissen!
- Péiter (*beisst ee Steck eroof a stecht dem Bopi se an de
 Mond*).
- Bopi Feier!
- Péiter (*gëtt him Feier*)
- Bopi (*pafft*) Sou an elo wëll ech emol gär wëssen wievill
 Täschengeld ech kréien.
- Gréit Wéi ?
- Bopi (*zum Péiter*) Oder wëlls du mir keent gin?
- Péiter (*beflass*) Ma gewëss dach!
- Bopi Ech denken mat 100 Euro t'Woch kommen ech aus.
- Gréit Em Goddesbiddeswëllen, wofir brauchs du dann esou
 vill Geld.
- Bopi Bei deem Kascht hei muss ech zousätzlech eppes
 kaafen (*hällt t'Hand op*) Du kanns mir t'Täschengeld
 och schon elo gin fir t'ganzt Joer.
- Péiter (*zitt de Portmonni mat sauerem Gesicht*) Sou vill hun
 ech nüt am Haus. (*gëtt him 100 Euro*) Hei hues de

- emol honnert Euro. Daat annert kriss de dann all Mound.
- Bopi (*stecht se an t'Täsch a leet sech gemitlech dohinner*) Elo gefällt et mir schon fir 100 Euro besser bei iech. Sou ass et richteg. An et wärt dir och nach émmer besser bei eis gefaalen. Mir wärten esou gudd zu dir sin, dass du mengs du wiers schon am Himmel.
- Bopi Dann darfs de mer awer nüt émmer virun der Nues erëm danzen, soss glewen ech mei Liewdaag nüt drun. Am grousse ganze sin ech jo mat iech zefritten – besonnesch mam E'iv (*zum Péiter*) An och mat dir. (*zum Gréit*) Nëmmen un dir hun ech nüt déi richteg Freed. Fun dass ech dech kenne, dreemen ech Nuets émmer vum Deiwel. Wann daat nüt anescht gött, da lossen ech mech vum Knubbelbauer erëm kaafen.
- Péiter Daat kënnt nüt a Froo. Ech gin dech nüt méi hiir. A wou soll de Knubbelbauer schon 100.000 Euro hier huelen.
- Bopi Du muss mech schon fir den halwe Preis verkaafen, well ee gebrauchte Bopi ass émmerhinn méi bëlleg wéi een neien.
- Gréit Neen, neen, - mir lossen dech nüt goen. Grousspapp mierks du da nüt wéi gär ech dech hun?
- Bopi Jo, awer nach nüt laang. Hoffentlech ass deng Léiwt fun Dauer. (*direkt zum Gréit*). Kraatz mir de Bockel (*beckt sech no vir*).
- Gréit (fiirt mat der Hand töschend Hiem a Rëck a kraatzt).
- Bopi Méi no lenks – an e beschen méi zärtlech – sou ophalen elo! Setz dech. (*t' Gréit setzt sech*)
- Péiter (*laacht*) Ech kann mech nëmmen wonneren, wéi meng Aal op eemol paréiert.
- Bopi Daat ass emol eng aner Gei, geseis de?
- Eivchen (*mat eidler Tass eran*) Den Henri bedankt sech och villmols.
- Péiter Batty heescht en.
- Bopi Henri-Batty huet en gesoot.
- Eivchen Huet en zwéi Nim? Daat ass praktesch. Wann seng Fraa dann emol mam Henri béiss ass, da kann se dem Batty nach émmer ë Kuss gin.
- Bopi Huet de Kaffi him geschmaacht?
- Eivchen Joo.
- Bopi (*schëtt t'Tass déi t'E'iv nach am Grap huet voll Kaffi, leet ee Steck Kuch derbei*) Ma dann dro him emol

- nach eng Kéier déi selwegt Portioun. (*Eivchen laacht a fort*).
- Gréit (rift ém no) Komm awer direkt erém.
- Bopi (drechen) Do solls de Mond haalen.
- Gréit (rosen an t'Lucht) Waat?
- Bopi (roueg) Hues de iiren eppes gesot?
- Gréit (setzt sech) Neen.
- Bopi Dann hun ech mech verhéiert. An ech muss iech nach eppes soen. Wann dir gudd zu mir sitt, dann wärt ech iech och nüt vergiessen.
- Gréit a Péiter zes. (*frou*)
Bestëmmt nüt?
- Bopi A wann ech emol nüt méi sin -----
- Péiter (mecht geréiert) Schwätze mer nüt doofun Bopi, soss komme mir t'Tréinen.
- Gréit Eiser Herrgott wärt dech nach laang liewe lossen.
- Péiter An wanns du emol nüt méi bass, da wäre mir dech och eist ganzt Liewelaang nüt vergiessen.
- Bopi (kuckt en mat leschtegen Aan) Do kanns du recht hun.
- Péiter (virsichteg) Wees de Bopi – mir wëllten gär een Undenken un dech hun, a wann et neischt aneres wir wéi dein Hut oder dein Paltong.
- Bopi Daaat kanns de kréien. A meng Peif och, meng Box, meng Schung – mein Hiem muss ech unhaalen, dass et mir nüt kaal gëtt – jo an soss hun ech weider neischt.
- Péiter (nëmmen esou) Du schreiews an dein Testament „ Alles was mir gehört bekommt Schlaubauer“ .
- Bopi (laacht hart) Séif dach verstänneg, ech hun dach neischt, firwaat soll ech dann en Testament maachen (*steet op a sëtzt sech an t'Fautell*).
- Gréit (mirkt ém waat et geet) Ma mengs du dann vleischt deng Saachen an deng Wäsch wir neischt?
- Péiter Fir irgendeenaner hun deng Klamotten vleischt kee Wert, fir eis awer ganz vill, well se eben fun dir sin.
- Bopi Ech verstinn. Sou wéi een sech fum éischte Kand t'Schung versuergt, esou wëll dir meng lescht Box versuergen.
- Gréit Jo, genau esou ass et.
- Bopi Déi Freed kann ech iech maachen. Mee dofir brauch een dach keen Testament.
- Péiter Dach, dach, soss hëllt de Knubbelbauer eis alles ewech a mir hätten dach gär ----

- Bopi Ech wees schon – dir gengt nach gären meng Box
emärbelen, wann ech emol nët méi do sin. Gudd, da
maachen ech eben en Testament.
- Péiter a Gréit (*mat verhaalenem Triumph*)
Joo?
- Péiter An esou wéi ech gesoot hun?
- Bopi Sou wéiss du gesoot hues.
- Gréit Daat ass ee Wuert.
- Bopi Zerreisse kann ech et èmmer nach, wann dir lech nët
gudd opféiert.
- Gréit Dofir wärs de keen Grond hun. Bopi, haut hues du eis
eng grouss Freed gemaach. (*geet mat offenen Aerm
op en dur*) Dofir muss ech dir -----
- Bopi (*streckt seng Féiss entgéint*) Em Gottesbiddeswëllen,
beileiwen kee Kuss, soss kanns du haut schon
t'lewschaft untrieden (*leet sech gemitlech zreck*)
An elo wëllt ech fillen dass et haut Sonndeg ass (*Hëllt
seng Peif erem stecht se an de Mond a komman-
déiert*)
Feier.
(*zum Gréit*) Eng Benkelchen. (*andeem de Péiter him
Feier gëttt an t'Gréit him Benkelchen dohinner setzt
patscht hien deck Wolleken*).
(*zum Péiter*) Erwösch der e Stull a liess mir aus der
Zeitung vir.
(*Péiter hëllt t'Zeitung, reckelt de Stull bei de Bopi a
mecht sech färdeg vir virzeliesen.*
Zum Gréit) An du setzt dech dohinner. (*Gréit hëlt an
zwousch anesch Platz. De Bopi gëtt dem Péiter eng
lues op de Baak a seet*) Da schéiss lass ! Wouropper
warts du nach?
- Péiter (*liest nët ganz geleefeg*) „Der neue Finanzplan“.
- Bopi (*reisst dem Péiter t'Zeitung aus der Hand an heet him
se licht op de Kapp*) Ass daat fir Sonndes? (*Reecht
him t'Zeitung erëm*) „Gerichtssaal“ liess mir daat.
(*liest*) „Abgefeimte Gauner am Werk“.
- Bopi Geseis de daat passt scho besser fir dësen Daag.
- Gréit A virwaat soll ech dann hei setzen?
- Bopi (*geheit eng Schlapp ewech, deet t'Strémp aus mat
engem groussen Lach, geheit dem Gréit se an de
Schouss*) Du kanns mir alt an deer Zeit meng Socken
flecken.
- Gréit (*hëllt de Bitzkuerf an mecht sech un t'Arbecht*).

15.Optrëtt

Vireg – Fritz, dann Hannes a Ketty

- Fritz (*mat eideler Tass eran*) Villmols merci fir de Kaffi an
de Kuch (*stellt Tass op den Dësch e bekuckt sech déi
aner schmunzelnd*).
Bopi (*mecht eng deck Wolleg*) Hein, waat sees de dann elo
Heng? Méi schéi kann e Keeser et nüt kréien.
Gréit Wou ass dan t'Eiv?
Fritz Daat helleft mir am Schapp.
Gréit Daat gëtt et nüt (*wëllt opsprangen*)
Bopi (*leet sein Been quiesch iwer hire Schouss*)
Heigebliwen, virumaachen! Daat misst den
Knubbelbauer gesin, waat ech fir e Liewen hei féieren.
Hannes (*Mam Hut a mat dem Paltong eran*)
Wunnt hei vleicht ee gewësse Schlaubauer ?
Bopi (*jeitzt hart*) Do ass e joo!
Hannes (*sturkt de Fritz un*) Waat mechs du dann hei?
Fritz (*verleeën*) Klengholz.
Hannes Déi ass nüt schlecht. Elo feelt nach t'Ketty, dann
wären mir all erëm beLEANER.
Ketty (*mat der Valise eran*)
Fritz an Hannes (*perplex*)
Ketty (*léist fu Schreck t'Valise faalen wéi et de Bopi an déi
aner geseit*) Eng schlamm Kou soll mech trieden, sinn
ech elo beim Knubbel – oder beim Schlaubauer?
Bopi (*jeitzt entsetzt*) Waat wëlls du dann hei?
Ketty Ech sin déi nei Mood beim Schlaubauer.
Bopi (*fällt zreck an seng Fautell*) Elo feelt mir neischt méi fir
mei Glück.

R i d e a u

III AKT

Deekor wéi am zweeten Akt. En Daag méi spéit

1.Optrëtt.

- Bopi (sätzt an der Fautell, liest am Gust sengem Notizbuch)
„ Schlaubauer ist ein gemeiner Dieb. Heute Nacht hat er des Nachbarn Birnbaum geplündert. Ich habe es gesehen „ . – Daat gëtt jo émmer méi interessant.
(liest) „ Heute hat er wieder einen Hasen mitgebracht, der noch die Schlinge um den Hals hatte. Das ist in diesem Monat schon der vierte. Einer davon war ein Kater. Elendiger Lump.
- Fritz (kuckt mam Kapp zur Dir eran)
- Bopi (stecht t'Buch an t'Täsch) Komm eran, de Schlaubauer ass nüt do.
- Fritz (virsichteg eran) Wou ass en dann?
- Bopi (weist mam Kapp op déi aner Dir) Hien huet sech mat dengem Papp agespaart.
- Fritz Ou, agespaart, da mussen déi zwéin jo eppes Wichteges ze berieden hun.
- Bopi Et geseit ganz derno aus.
- Fritz Wann mein Papp him némmen nüt verréit wien ech sin.
- Bopi Du brauchs nüt ze färten. Ech hun dengem Papp verzielt wuefir dass du hei bass an duerfir wärt e schon de Mond haalen.
- Fritz T'Ketty huet mir och versprach, neischt ze verrooden. Hat wéist némme gär wéiss du bei de Schlaubauer komm bass.
- Bopi So zu him, well ech nüt ouni hat liewe kénnt.
- Fritz A firwaat bass du dann wirklech hei a nüt bei eis doheem?
- Bopi Fun do ass et ze weit fir dem Schlaubauer an t'Zopp ze speitzen.
- Fritz Daat verstinn ech nüt. Nëmmen daat mecht neischt, well ganz laang dauert dee Komédie dach nüt méi.

Bopi A sou – bass du schon esou weit?
 Fritz T'Zeit gëtt mir schon ze laang.
 Bopi An dem E'iv?
 Fritz Him och.
 Bopi Wouhir weess du daat dann?
 Fritz De Kaffi deen hat mir gëschter bruecht huet, war esou séiss. A wéi ech et ermärbelt hun, do huet et sech nüt gewiert.
 Bopi Ma duu gees jo drop wéi Blücher. Wanns du esou firu mechs, da sin ech bestëmmt schon haut den Owend Urgrousspapp.

2.Optrëtt

Viireg – Eivchen

Eivchen (*eran mat engem Apel an der Hand*) Henri, wëlls du een Apel? (*hällt him den Apel dohinner*)
 Bopi Eva mit den Apfel – wéi am Paradeis ! Beiss nämmen dran, Adam, ech kucken nüt (*Hällt e grousst Duch, am beschten e Kaffieswiermer an geheit sech deen iwer de Kapp*).
 Eivchen (*kuckt verwonnert vun engem op deen aaneren*) Mee, waat ...
 Fritz (*reisst et u sech a kësst et*)
 Eivchen (*iwerdeem de Fritz et kësst*) A waat mechs de dann ?
 Fritz Aale Leid soll een èmmer follegen (*kësst nach èmmer virun*).
 Bopi (*klappt an t'Hänn*) Viru maachen, viru maachen!
 Fritz (*hällt t' Eivchen un sech gedreckt a seet lues*) *Eivchen!*
 Eivchen (*gerad esou*) Henri!
 Bopi (*ënner dem Kaffiswiermer*) Méi hart, ech héieren neischt.
 Fritz Eivchen, ech weess nüt wéi alles komm ass.
 Eivchen (*lues*) Ech och nüt
 Fritz Wéi ech dech gesinn hun, do hun ech gewosst, mir zwéin gehéieren zesummen.
 Eivchen Ech och, Henri

- Fritz (*léisst et lass*) Och, wou ech nämmen en einfachen Kniecht sin?
- Eivchen Daat mecht neischt, Henri. Ech hun eng Paan voll grenger Hierken och lériwer wéi e Goldfësch deen ech nüt iesse kann.

3.Optrëtt

De Viirech, Péiter, Hannes

- Péiter (*rosen eran, hannendrun Hannes*) An ech soen neen, an nach emol neen. (*kuckt erstaunt op de Bopi an hëllt him de Kaffiswiermer fum Kapp*) Waat mechs du dann mat der Kaffiskluck um Kapp?
- Bopi Déi hun ech mir opgesaat fir dass t'Mecken nüt esou sollen un mech goen.
- Fritz (*zum Péiter*) Bauer, ech hun nach eppes mat dir ze bespriechen.
- Péiter Haut nüt, mat mir ass schon villzefill besprach gin.
- Bopi Fir daat wat den Heng dir ze soen huet, wärs de wuel nach Zeit hun oder nüt?
- Péiter Gewess jo, natirlech.
- Fritz Ech kommen herno dann nach eng Kéier eran (*wëllt fortgoen*).
- Bopi Wuer gees de dann hin?
- Fritz Op de Schapp, ech muss nach Stréi erofhuelen (*fort*)
- Bopi Daat ass gudd gemaach (*no kurzer Paus*) Eivchen, géi mat him an hellef him. Eivchen (*fort*)
- Péiter Dass du dech nüt ennersteess mat op t'Gënn ze klammen.
- Bopi Waat wëlls de?
- Péiter Neischt, d'ass scho gudd.
- Bopi Dann haal och de Mond (*steet op, geet bei t'Dir a seet zum Péiter*) Wann een no mir freeet, da so ech geng ënnen op der Leeder setzen fir op d'Gënn. (*of*)
- Péiter (*zum Hannes*) Op waat warts du dann nach?
- Hannes Ech wëll nüt an Onfridden fun dir fort goen. Du haas mech gëschter ënner Dag geholl a mech bekeschtegt an ech wëll mech am Gudden mat dir eenegen. Déi

- Geschicht muss een Enn kréien, soss hätt ech mir déi Souen fir heihinner spuere können.
- Péiter Mir hun eis jo schon ausgeschwaat.
- Hannes Du wëlls mir also de Bopi nüt erëmgin?
- Péiter Neen, daat kann ech deem aale Mann dach nüt zoumudden. Et wär sein Doud wann hien fun hei fortmisst.
- Hannes A wann ech dir 1000 Euro weider geng gin, wéis du mir gin hues?
- Péiter Och dann nüt, wéi oft soll ech dir daat dann nach soen. De Bopi ass mir helleg. Do gött et keen Eremkaafen.
- Hannes Schlaubauer. Mein Gewëssen léissst mir keng Rou! Denk dach emol driwer no. Ech hun mein Grousspapp verkaft. Wéiss du mat him fort wars, du hun ech mir daat emol richteg durch de Kapp goe losst. Ech fille mech nüt wuel, wann ech doheem déi eidel Fautel gesin. Schlaubauer ech soen der richteraus wéi et ass. Ouni de Bopi kann ech einfach nüt liewen.
- Péiter Ech och nüt. Meng Fra geng sech émbrengen, wann ech en erëm geng gin. Kuck emol dorëmmer, vleicht fënds du irgendwou anerwärts een.
- Hannes Schlaubauer, loss dach mat dir schwätzen. Ech gin dir nach zwee Firkelen derbei.
- Péiter E Firkel ass laang kee Bopi.
- Hannes Ass daat dein lescht Wuert?
- Péiter Jo, an domat basta!
- Hannes (rosen) Gudd, da komme mir op T'Gericht. Deen Handel gëllt nüt. Daat gött et op der ganzer Welt nüt, dass een sein Grousspapp verkeeft. Et steet an de Mënscherechter dat mat Bopien nüt gehandelt daarf gin, an drei Méint am Duckes sin dir gewëss.
- Péiter Daat ass méiglech. Mee da gin mir awer zesummen dohinner.
- Hannes Daat mescht neischt. Fir zwee Heiser setzen ech och nach 4 Méint.
- Péiter Ah sou. Vun do kennt de Wand.
- Hannes Joo, fun du kënnt de Wand, du Erzgauner. Du wëlls mir t'lerwschaft vum Bopi ofschwindelen, ass et nüt esou?
- Péiter Ech, ech wosst emol nüt, dass en zwee Heiser hätt. Daat do ass daat éischt waat ech héieren.

- Hannes Léi dach nüt! Duefir wars du esou presséiert fir mein Fritz mat dengem Meedchen ze verkoppelen, wells du wo'sst dass de Fritz ee fréie Muergen déi zwee Heiser irwt. A wéi daat Esseg war, do hues de mir de Bopi ofgegotzelt.
- Péiter Knubbelbauer, elo maach awer e Punkt. Soss fueren ech mat der. Wouhir weess du elo op eemol, dass de Bopi zwee Heiser huet?
- Hannes Ech weess et schon zwéin Deeg. A wouhir ech et weess daat geet dech en aalen Dreck un.
- Péiter A wann en dann elo wirklech déi zwéin Heiser hätt – wou steet dann geschriwen dass ech se geng ierwen?
- Hannes Do wärt deng Fra schon derfir suergen. Nëmmen ech sin och nach do. An elo froen ech dech nach eng Kéier. Gëss de mir hien freiwölleg eraus oder nüt?
- Péiter Ech hun der en boer bezuehlt. Hien ass mein a bleiwt hei.
- Hannes (*kuckt op t'Dir*) An enger halwer Stonn geet mein Zug. Sou laang sin ech nach an der Wirtschaft, op deer anerer Seit, an bis dohinner kanns de dir t'Saach nach iwerleeën.
- Péiter Wanns du dorobber warts, da sätz de nach maar do.
- Hannes An du iwerpuer am Kittchen.
- Péiter An du niewen drun.
- Hannes Elo geet et mir awer dur (*fort*)
- Péiter Esou eng Lomp. Esou een Halsofschneider (*leeft durch t'Stuff*).

4. Optrëtt

Péiter- Fritz- dann Eivchen

- Fritz (*kënnt eran an huet Stréihällem an den Hoer an um Paltong*) Ech hun gesinn dass de Knubbelbauer fortgangen ass, kann ech elo mat dir schwetzen?
- Peter (*bröllt en un*) Waat wëlls de dann? Komm mer scho schmalzbiedelen. Méi Geld wéi dem Gust kann ech der nüt gin, daat soen ech der schon am viraus.
- Fritz Ech wëll kee Geld vun dir hun.
- Péiter Dajee hopp, da schwetz!

- Fritz Ech wëll vill méi fun dir ewéi Souen.
 Péiter (*kuckt en misstrauesch un*) Waat seess de?
 Fritz Ech wëll eppes vun dir hun, waat mat Geld iwerhapt
 nüt ze bezuelen ass.
- Péiter Daat kann némmen mein Gréit sin.
 Fritz Baal geroden, Bauer!
 Péiter (*kuckt e grouss un. No enger Paus onsecher*) Waat
 seess de?
- Fritz Ech bieden dech fir mer t'Eivchen als Fraa ze gin.
 Péiter (*sturkt de Fritz sprachlos un a fänkt dann un ze laachen*) Daat ass dee bëschte Witz deen ech a
 mengem Liewen héieren hun.
- Fritz Daat ass kee Witz – daat ass Escht, gëff mir dein E'iv
 als Fra.
- Péiter (*roueg*) So emol, ass dir gëschter am Schapp e
 Knëppel widder d'Klatz gefuer? (*Brecht lass*) Waat
 denks du dir dann? En hirgelaafene hondsriemen
 Kniecht wëllt mein Meedchen zur Fraa. Dass ech mir
 kee laachen! Hahahahahaha.....!
- Fritz Op Ues, Kniecht oder Bauer, fir jiddereen huet eiser
 Herrgott e wéineg Glück bereet.
- Péiter Waat geet mech dein Glück un? Ass daat Glück
 wanns du mein E'iv kriss? Fir dech jo, daat gleewt de
 Pätter.
- Fritz Fir t'E'iv och.
- Péiter Natirlech – hat huet némmen nach op dech gewaart.
- Fritz Fro et dach (*sprengt zur Dir aus*) E'iv komm emol
 eran!
- Eivchen (*eran*)
- Péiter (*zum Eivchen*) Eivchen, waat wärts du elo Aan
 maachen. Dee Kadett do seet
- Fritz (*ennerbrecht en*) Loss mech schwetze Bauer (*zum Eivchen*) Eivchen gëff mir e Kuss.
- Eivchen (*kësst de Fritz*)
- Péiter (*ass sprachlos*)
- Fritz Daat do geet net duur. Dei Papp muss richteg spieren,
 wéi gärs du mech hues.
- Eivchen (*leet béid Aerm ëm de Fritz a kësst en laang*)
- Péiter (*reisst Eivchen ewech*) Ausenaner, soen ech. (*Weist dem Fritz t'Dir*) Raus! Op der Plaatz eraus!
- Fritz Geseis de, ween elo t'Aan meeht? Du oder t'Eivchen.

Péiter	(bröllt) Raus hun ech gesoot! Elo setzt de dech direkt op dein raschtegen Töff a firs dohinner wous de hier komm bass. Direkt, soen ech, ir ech mech vergiessen.
Fritz	Du wëlls mir also t'Eivchen nüt gin?
Péiter	Neen, honnertdausendmol an nach eng Kéier neen.
Fritz	Daat mescht neischt. Ech hun dech jo och nämnen gefrôt, well de Brauch daat verlaagt. Et ass awer och am Moud dass wann zwee déi sech gären hun sech bestueden och wann de Papp honnertdausendmol neen an nach eng Kéier neen seet.
Péiter	(rosen) Wëlls de wuel verschwannen oder nüt?
Fritz	(scho bei der Dir) Gudd! Ech gin, kommen awer geschwënn erëm. Bis geschwënn Schuéierpapp! (fort)
Péiter	(zum Eivchen) So emol, waat geet dech eigentlech un? Et ass eng Schaan, wann d'Leit daat gewuer gin! Mein Meedchen an e hiergelaafene Kniecht. Schums du dech da guer nüt?
Eivchen	Neen. Nüt déi Boun. Ech hun e gär an duerfir brauch een sech dach nach glaad a guer nüt ze schummen.
Péiter	(ziddert) An ech soen dir
Eivchen	(ennerbrecht) En Aableck, Papp. Loss mech vir t'éischt erausgoen, da kanns de weider brölle. Et kann een dech jo souwi'sou bis an de Keller héieren (of an t'Kummer).

5.Optrëtt

Péiter- Gréit, dann Fritz a Bopi

Gréit	(eran) Em Gotteswëllen, Mann, waat brölls de dann esou ?
Péiter	Do soll een nüt brölle, wann deen onverschimte Kniecht eist Meedche bestuede wëll.
Gréit	Waat sees de?
Péiter	Elo grad hun ech de Batty virun t'Dir gesaat, well en eppes mat eisem Eivchen huet – an fir dass de et weess, hat huet och eppes mat him.
Gréit	Eist Eivchen mam Batty (setzt sech op de Stull) Do muss ech mech awer setzen.

- Péiter Mee deem hun ech es gin. Dee kennt mir esou baal
nët méi banner eis Dir.
Fritz (eran) Sou, do sin ech schon erëm.
Bopi (ass mam *Fritz* komm) An ech och. Wann ech gewosst
hätt dass hei eng Klepperei am Gang wier, da wär ech
schon éischter komm.
Péiter (zum *Fritz*) Hunn ech der nët t'Dir verbueden? Maach
dass du eraus kënns.
Gréit An daat e besse séier, soss kriss de och nach mat mir
ze din. Viru mir sinn schon anerer fortgelaaf wéiss du.
Bopi Daat gleewen ech dir gär. Mee, deen doo, dee wärts
de nët esou séier vum Haff joen – (zum *Péiter*) an du
och nët.
Péiter Ma du wärts en direkt selwer fortjoen, wanns de emol
weess, dass hien hanner eisem Eivchen hier ass.
Waat sees de dann elo?
Bopi (klappt dem *Fritz* op t'Schëlleren) Daat hues de fein
gemaach. Setz dech (dreckt de *Fritz* op t'Benk)
Péiter An zerkësst huet en et – Virun mengen eegenen An.
Gréit A bestuede well hien et! E Kniecht eist Evchen!
Péiter (zum *Fritz*) Ech soen dir elo vir t'Lechtemol,
verschwann aus mengen Aan, wanns du nach gären
mat all dengen Schanken ganz heem kéimms.
Bopi Schlaubauer, elo hun ech awer laang genug
nogelauschtbert. Wanns du him nach eng Kéier t'Haus
verbidds, dann ass et awer aus mat eiser Frëndshaft.
Hues de mech verstaanen?
Gréit Ech verstinn nët Bopi, wéiss du dech fir esou en
hondsfrieme Kniecht kenns asetzen?
Bopi Wanns du dein Mond opdees, da kennt eng
Dommheet. Zenter wéini ass dann en Enkelkind en
hondsfrieme Kniecht fir de Bopi.
Péiter Enkelkand? Wou ass dann en Enkelkand fun dir?
Bopi (weist op de *Fritz*) Ma do steet et.
Gréit Daat ass -----
Bopi ----- mein Enkelkand, jo!
Péiter De Batty?
Bopi Nët de Batty, mee den Henri.
Gréit Elo kommen ech neet méi no. Wien ass dann dën
Henri?
Bopi Ma de Batty. De Batty ass den Henri an deen heesch
Fritz. An elo geng ech dee gäre gesin, deen sech
ennersteed mein Enkel aus dem Haus ze geheien.

- Péiter Wann en dein Enkelkand ass, dann muss e jo dem Knubbelbauer sein Bouf sin.
- Fritz Daat sin ech och. Ech hun mech als Kniecht ausgin, fir mer t'Eivchen emol méi no unzekucken. Ech hätt et jo scho solle bestueden ir ech et emol kannt hun. Elo kennen ech et an ech wëll keen anert méi.
- Gréit Bass du dem Knubbelbauer sein Bouf?
- Péiter De Fritz ?
- Bopi Wéi ass et Schlaubauer, wëlls du him dann elo dein E'iv gin?
- Péiter Daat kann ech nüt Bopi.
- Bopi A firwaat kanns du daat dann nüt?
- Péiter Riecht eraus geschwaat. Well dem Knubbelbauer sein Bouf och nüt vill weider ass wéi en arme Knicht.
- Fritz (sprengt op) Ech irwen emol den Haf.
- Péiter Jo, awer den Haf, wou emol keng Zill um Dag méi dem Knubbelbauer seng ass.
- Fritz Daat hues de vidrun och scho gewosst, an trotzdem soll ech dein E'iv onbedingt bestueden.
- Péiter Virdrun ass nüt elo.
- Bopi Du gëss him also dein Eivchen nüt?
- Gréit Sief dach verstenneg, du muss dach agestoen -----
- Péiter Mir kennen eist Kand dach nüt an t'Onglëck laafe lossen.
- Bopi Du gëss him elo dein Eivchen nüt?
- Péiter Neen.
- Bopi Well hien der ze wéineg ass, wéi? Well en nüt grad esou en Halsofschneider, esou en Filou ass wéiss du? Well en nach keng arm Fraa èm déi lescht Kou bruecht huet, a well ën dir t'Leeder nüt ugehaalen huet, wéiss du dem Noper seng Biren an der Nuecht gestibitzt hues. Seess de elo nach èmmer neen?
- Péiter (*huet verblüfft nogelauschtet*) Em Gotteswëllen Bopi, wéi kanns du esou eppes soen? Et ass jo alles guer nüt wouer.
- Bopi Ass et dann och nüt wouer, dass de an desem Mound schon drei Huesen an e Kueder an der Schleng gefangen hues?
- Gréit (*ängstlesch*) Ech bieden dech Bopi, jeitzt nüt esou! Et héiert een dech jo bis op déi aner Seit vun der Stross.
- Bopi (*méi hart*) An et ass och secher nüt wouer, dass du dem Wirt beim Kartespill e ganzt Fass Wein ofgeschwindelt hues? An du krommen Hond wëlls och

	nach soen de Fritz wir dir ze wéineg wärt? Wëlls de elo jo soen oder muss ech dir nach a pur vun dengen Gaunereien erzielen.
Péiter	(verleeen) Neen neen, et geet elo duer. Mir kennen jo nach iwer déi Saach schwetzen.
Bopi	Geschwaat hun mer scho genug.
Fritz	Ech wëll némme wëssen obs du jo oder neen seess.
Péiter	Waat mengs duu Gréit?
Gréit	(ee <i>Wuert nom aneren</i>) Ech? – ech – ech mengen – de Batty wier nach der Schlechtester keen.
Fritz	Fritz heechen ech.
Péiter	Daat hun ech jo èmmer gesôt. Nëmmen t'Eivchen wollt de Fritz jo nët.
Bopi	Awer elo wëllt hat en. An vun elo un sin déi zwéin esou gudd wéi verlobt. Huet der mech verstaanen?
Péiter	Dajee alt, wanns du et esou wëlls hun.
Gréit	Du weess jo Bopi, mir maachen dir alles zu léiw.
Bopi	Wéi ass et Fritz. Bass du dann elo endlech zefridde mat mir?
Fritz	Daat war de schéinst Streech deens du jee gemaach hues.
Bopi	Daat kanns de nët wëssen. Vleicht fällt mir nach eppes Besseres an.
Fritz	Wéi ass daat esou schéin. Ech weess fu Freed nët waat ech soll maachen.
Bopi	(weist op t'Dir wou t'Eiv ass) Ma da maach dech do eran. Do fenns de een, deen der et scho seet (<i>dreckt de Fritz an</i>).
Péiter	(virsichteg) Awer nët wouer Bopi, daat mat mengen Sënnen, domadden gees du awer nët feel?
Bopi	Wann keng nei méi dobei kommen, wëll ech déi aal vergiessen.
Gréit	(tuddelt) All, all Mënsch mecht emol eng Dommheet.
Bopi	Jo eng! Awer nët direkt e ganzt Buch voll, daat ass e beschen ze vill. (wenkt of) Nemmen lossen mer nët méi dofunner schwetzen.
Péiter	Bopi, du bass een Engel.
Gréit	Wann et keng Sënn wir, da geng ech soen, du wärs eiser Herrgott selwer.
Bopi	Loss den Herrgott aus dem Spill. Dee muss schon all Kéier wanns du hien uriffs e Buff drenken (geet op t'Dir bei t'Eivchen zou).

- Péiter Nemmen daat eent muss du mir nach soen Bopi,
wous du dann all meng eh meng Dommheeten
gewuer bass gin?
- Bopi (*an der Dir*) Elo grad huet der nach selwer gesoot ech
wär den Herrgott selwer, an dee weess jo alles.
- Gréit Wuer wëlls du goen Bopi?
- Bopi An den Himmel bei meng Engelen (*of*)
- Péiter (*no enger Paus*) Himmeldonnerwieder nachemol !
Daat war elo baal schief gangen. Sin déi zwéin nach
dobannen? Woufir hun ech dann eigentlech de Bopi
kaaff?
- Gréit Huet e wéinstens sein Testament scho geschriewen?
- Péiter Daat huet en, alles waat en huet gehéiert eis.
- Gréit Do geseis de. Waat jéimers de dann nach? Wann mir
de Bopi nüt kaaff hätten, dann hätten de Fritz an
t'Eivchen alles geirwt. Elo gehéieren de zwéin Heiser
eis.
- Péiter Du hues recht. Dorunner hat ech nüt geduecht.
- Gréit Elo brauche mer némmen opzepassen, dass deen
Alen èmmer op eiser Seit steet. Et ass zwar nüt liicht,
zu allem waat deen aalen Flautert seet jo an Amen ze
soen. Munchmol geng ech him gären an t'Gesicht
sprangen.
- Péiter Em Gotteswëllen, nemmen daat nüt. Alles muss esou
gemaach gin, wéi hien et wëllt. Déi puer Joer, déi hien
nach ze liewen huet gin nach eriwer an dann
schwammen mir am Geld, wéi mir eist ganzt Liewen
nach nüt dra geschwomme sin – zwee Heiser, mei
Gott, dann sin mir Proprietär.

6.Optrëtt

Vireg, Ketty dann Bopi an Eivchen

- Ketty (*mat engem Bréif eran*) De Bréifdréier huet mir elo
éinescht e Bréif durch t'Fenster gereecht.
- Péiter (*hëllt de Bréif*) Pleck e puer Blumen am Gaard a stell
dem Bopi se op den Nuetsdësch.

- Ketty Virwaat muss ech daat da grad maachen? Huet deen
aale Klautschen vleicht haut Geburtsdag?
- Péiter Bei eis huet de Grousspapp all Dag Geburtsdag. Elo
weess du Bescheed. Du kanns dech durno richten.
- Ketty (grommelt) An dësem Haus gin ech nüt aal. Daat ass
secher.(of).
- Péiter (*huet de Bréif opgemaach flitt eng Kéier Iwer den
Inhalt, déi Hand déi de Bréif hällt fällt no ennen, hie
sturkt fassunglos richt aus*)
(kennt besuergt méi no) Waat ass da Bauer? Waat
hues de.
- Péiter (*ouni Toun*) De Bopi huet guer keng Heiser (*E fällt
schwéier op t'Bänk*).
(*hällt den Otem un a greift sech un t'Herz*) Waat sees
de?
- Péiter Neischt huet en, glaad neischt.
Gréit (*fällt op de Stull beim Dësch*) Ass daat nach dran – mir
bleiwt den Otem ewech.
- Péiter Daat wär nach nüt daat schlemmt (*gëtt hier de Bréif*)
Do lies waat dem Pauly seng Fraa schreiwt.
Gréit (*liest*) „Lieber Schlaubauer ! Mein Mann kann nicht
schreiben, weil einer ihm auf die Patten getrëppelt hat
wie er aus der Wirtschaft heimkam. Deshalb schreibe
ich um dir zu sagen, was dir mein Mann sagen will. Er
gratuliert dir ze deinem Opa, den du für
hundertausend € gekauft hast, aber Häuser hat er
nicht. Nicht einmal ein Schiedhaischen. Das von den
Häusern hat dir mein Mann bloss vorgelogen weil du
uns auch beépgen hast. Denn dass du alles tun wirst
um dem Alten die Häuser abzulausen, das hat er
gewusst. Aber dass du ein so elender Dëskopf bist
und den Opa gleicht kaufst, das hat er nicht gewusst.
So, und das ist unser Dank für die ausgeleierte
Bitzmaschine die du uns voriges Jahr für neu
angedreht hast, du elender Schuft. Hochachtungsvoll.
Anna Pauly.“ Elo sëtze mir awer schéin an der Patsch.
- Péiter An t'Adress, déi muss de och nach liesen
Gréit (*liest vum Enschlag*) An Herrn Peter Schlaubauer,
Grossvaterbesitzer in Knapphouschend.
- Péiter Waat sees de dann elo?
Gréit Ech – ech – kréie keng Loft méi.
Péiter Waat maache mir elo?

- Gréit Daat muss du wëssen du bass jo e Mann. Waat soen ech? E Mann ? En Schlappschwanz bass de wéi ech nach keen mein Liewdag gesinn hun. Léist den sech jo nüt fir honnertdausend Euro e Grousspapp opschwetzen, wou en së fir e puer Cent eng hallef Dozen kéint kréien.
- Péiter Wann ech daat gewosst hätt. Gréit gëff mir séier e Schnaps, mir gëtt et schlecht.
- Gréit (*schëtt de Schnaps aus der Flesch an e Glas mat enger Handbewegung*) Am léiwsten geng ech dir eng eroﬄätschen! Schleews du mir do nüt fir Honnertdausend Euro e Grousspapp aus dem Minëtt erop. Een aaneren geng 200.000 Euro derfir gin wann en esou engem Onkraut lass wir. (*Drenkt de Schnaps an engem Zoch selwer a schenkt en neit Glass aus a stellt daat Glas virun de Péiter*) Mee deen Ale wärt nach eppes fu mir gehouscht kréien.
- Péiter (*greift nom Glas*).
- Bopi (*eran vun lenks, hëllt dem Schlaubauer t'Glas aus dem Grapp*) Prost Schlaubauer, du solls liewen (*Kipp t'Glas erof, knallt et op den Dësch*) Nach een! Fir mer et ofzegewinnen.
- Gréit (*reisst him t' Glas aus dem Grapp an och t'Flesch, schött sech selwer nach e Glas eraus a stellt bëides op Seit*) Wanns de Schnaps drenke wëlls da kaaff dir en selwer. Mir drenken eisen eleng.
- Bopi (*streckt den Hals a kuckt verwonnert*) Wéi? Schlaubauer, hues de gehéiert, waat deng besser Halschecht gepespert huet?
- Péiter (*luet de Bréif séier an t'Tesch gestach*) Jo ech hun et héieren, an fu mir kanns de et nach eng Kéier an nach méi héieren. (*leeft an der Stuff hin an hier*)
- Bopi (*kuckt erstaunt vun engem op den aneren*) Mir chengt et t'Glëck vun erem Meedchen ass iech an T'Schiebel geschloe.
- Gréit (*fun dem plëtzlechen Gedanken un déi zwee gepackt*) Em Gotteswëllen eist E'iv. (*reisst t'Dir op*) E'iv, op der Platz eraus do! An e bësschen dalli – soss huelen ech dech mam Weckel.
- E'iv a Fritz (*vun lenks*)
Waat ass dann nämmen lass?

- Péiter Ech huelen mein Wuert zereck. Déi Saach mat dem Fritz ass aus. Fir esou e verschëlltenen Bauernkniecht ass mir mein Meedchen ze schued – a mein Geld och.
(ganz durcheneen) Bopi - !
- Fritz Keng Angscht, Fritz, ech sin jo nach do.
- Bopi Awer nüt méi laang, daat soll dir gesot sin.
- Gréit Haal de Mond, du bass nüt gefrot gin.
- Bopi Du wëlls mir de Mond verbidden? Wie bass de dann ?
- Gréit Eng grouss Null aus dem Minëtt bass duu an duu wëlls hei den Här markéieren.
- Bopi Dee brauch ech nüt ze spullen. Ech sin hei den Här an daat wärt ech dir elo gleich beweisen. *(zum Péiter)*
 Also du
 wëlls dem Fritz sein Eivchen nüt gin? – Gudd, dann brengen ech all deng Sënnen firun t'Gericht – déi moer an déi fett.
- Péiter Mengetwegen, mee dann ass dem Knubbelbauer sein Haus meint. Ech kënnegen t'Hypothéik déi ech op sein Haf hun an dann leit dir all op der Strooss.
- Fritz Du hues eng Hypothéik op eisem Haus? Daat wosst ech emol nüt.
- Péiter *(hëllt e Popeier aus dem Tirang)* Jo, hun ech esou guer bei der Bank kaaff. *(hällt dem Fritz den Ziedel dohinner)* Hei kanns du et schrëftlech liesen. *(WeiÑt dem Bopi de Poapeier)* An du och – an elo' géi mengetwegen op t'Gericht.
- Bopi *(bestürzt)* Daat, daat haat ech allerdengs nüt gewosst. Du hues ----- elo fällt den Himmel an.
- Gréit *(oniwerluecht a spëttesch)* Wann eis zwee Heiser afaalen dann ass et fir dein Himmel och nüt ze schued.
- Bopi *(kuckt se grouss un, no enger Paus gedreckt)* Aa esou. Elo weess ech Bescheed *(zum Fritz)* Elo ass et aus mat dem schéinen Naarrestreech. De Schlaubauer haat mir an t'Karte gekuckt. Ech hun falsch ausgespiltt -----
- Péiter An ech hun getrompt.
- Bopi *(léisst sech an t'Fautel faalen)* Déi Kéier hun ech verspillt.

7.Optrëtt

Déi Vireg – an t'Ketty

- Ketty (*eran mat e puer lasse Blumen*) Hei sin t'Blumen fir
deen aale Plogeescht.
- Gréit (*reisst dem Ketty t'Blummen aus der Hand a geheit se
an den Eck*) Fort domadden. Fir esou een
Onheelstefter wuessen keng Blumen.
- Ketty (*iwerrascht verfollegt déi folgend Szen*).
Bopi (*léisst de Kapp henken a steipt en an béid Hänn*).
Eivchen (*geet op en dur*) Bopi, feelt dir eppes?
Péiter (*reisst t'Eivchen vum Bopi ewech*) Weg do, a vive an
dein Schlofzëmmer. A kee Foussbreet firun t'Dir (*weiß
op de Fritz*) bis deen do sech aus dem Stëps gemaach
huet (*dreckt et zur Dir aus lenks*).
- Gréit (*zum Fritz*) An du och, maach dech op dein Töff a vive
dohinner wous de hirkomm bass.
- Fritz Bopi, waat huet daat dann elo erem alles ze bedeiten?
Bopi Fritz, ech wollt dir hëllefen. Nëmmen des Kéier ass de
Rettungswôn selwer widder e Baam gerannt. Elo
muss du selwer kucken, dass de bei dein E'iv kënns.
Fritz (*reisst sech zesummen*) Mecht neischt! Ech kréien et
an wann drei Schlaubaueren neen soen (*fort riets*).
- Gréit (*zitt dem Bopi Polster aus dem Reck a geheit et dem
Ketty dohinner*) t'Kessen kënnt an t'Wäsch. A gudd
auskachen, fir daat den Armeleitsgeroch erausgeet.
- Péiter (*zum Bopi*) A vun haut un schléifst du op der Benk an
der Kummer beim Kniecht. Du kanns alt deng zwee
Schmuddeldicher zesummenpaacken fir ze plënneren.
Bopi (*lues*) Muss ech op der Benk schloofen (*schein*) Do leit
et sech awer haart -----
Péiter Daat mecht neischt. An der Lued leiss du och nët méi
mëll.
Gréit Dann hues de dech awer wéinstens schon un t'Holz
gewinnt.
Péiter A mar de mueren, wa mer op dem Feld sin, da mëchs
du t'Ställ. En onnëtzen Éisser kënne mer nët
gebrauchen.
Gréit (*zum Péiter*) Ech gin emol séier de Schlëssel am E'iv
sengem Zëmmer emdréien (*fort lenks*).
Péiter An ech hëllefen dem Fritz op den Töff.

- Ketty (*bedauert de Bopi*) Bopi, waat hues de n  mmen
 ugericht, dass d  i Leit esou schlecht mat dir sin?
- Bopi (*bleckt op*) Ketty (*mat middem Laachen*) Daat h  tt ech
 n  t geduecht, dass deng St  mm esou l  iw k  int sin.
 Waat ech gestiecht hun, frees du mech. Ech wollt
 zwee Leit fr  u maachen an Gl  cklech, an engem
 Lomp Handwierk lee  n, esou eppes muss dach
 bestroft gin. Ketty Ech w  ll dir emol eppes soen, Bopi.
 Du schl  efs an menger Kummer an ech schlafen an
 der Kichen.
- Bopi Neen, daat l  ssen ech n  t zou. De Schlaubauer w  r
 och n  t d'accord domadden.
- Ketty Wees de Bopi, w  i ech dech hei um Haf gesin hun do
 w  r ech am allerl  iwsten er  m fortgelaaf. Well ech
 awer gesin, w  i si mat dir emsprangen, bleiwen ech
 hei. Ech mengen du hues e Schutzengel n  ideg.
 An du w  lls d  i Charge iwerhuelen?
- Ketty Jo, de Knubbelbauer huet mir ges  t hien h  tt dech an
 de Kascht gin.
- Bopi Sou, sou. Hien huet also gemengt ech h  tt et beim
 Schlaubauer besser. Nemmen mir kann hei keen
 h  llefen. Ech mengen bei Leit wei, d  i hei, muss du
 geschw  nn selwer e Schutzengel brauchen -----
 Sief n  t traureg. Et geet schon erem alles an t'Rei.
- Bopi Elo n  t m  i, Ketty, elo n  t m  i -----
 (*senkt de Kapp, mecht t'Aan zou*)
- Ketty (*kuckt e matleedeg un, sammelt t'Blummen a leed him
 se an de Schouss a geet op den Z  iwespetzen zur Dir aus*).

8.Optr  tt

Bopi, P  iter dann Gr  it

- P  iter (*kennt no enger kurzer Paus zur rietser Dir eran,
 resselt de Bopi*) Hee du, geschlof g  tts bei eis an der
 Nuecht. Huel deng Siewesaachen a verdreck dech an
 dem Kniecht seng Kummer, dass ech dech haut n  t
 m  i gesin.

Bopi	(<i>huet t'Aan opgemaach, kuckt t'Blummen an sengem Schouss schmunzelt. Hien hëllt t'Blummen a geet midd a lues zur rietser Dir aus</i>).
Gréit	(<i>riets eran</i>)
Péiter	Hues du t'Eivchen agespaart?
Gréit	Jo, zweemol hun ech de Schlëssel emgedréint an och erofgeholl. (<i>weist de Schlëssel deen sie an der Schietechtesch haat</i>) A wéi ass et mam Fritz?
Péiter	Deen ass scho laang verschwonnen. Ech hun en emol nüt méi gesin. T'E'iv bleiwt mer agespaart. Et huet mer de Sonndeg versaltzt an durfir soll hat seng Strof och kréien.
Gréit	A wat geschitt mam Grousspapp?
Péiter	Jo, waat geschitt mat him? Laaf iwer an t'Wirtschaft, do setzt den Knubbelbauer nach ze waarden. So him hie soll heihinner kommen. Ech hätt eppes mat him ze bespriechen.
Gréit	Mengs du hien geng den Alen eremhuelen?
Péiter	Secher. A bezuelen soll e mer och nach dofir. Hie muss. Mee kee Wuert doriwer verluer, waat eis dem Pauly seng Fraa geschriewen huet. Soss gesin mir eis 100.000 Euro nie méi ärëm.
Gréit	Neen, neen. Kee Pipscheswuert soen ech doriwer. Mann, wanns du daat färdeg brengs, dann héiers du nie méi ee schlecht Wuert fu mir.
Péiter	(<i>dreckt t'Gréit riets zur Dir eraus</i>) Schwetz nüt esou vill a laaf ir et ze spéit ass. Elo muss ech de Bopi nach aspären. Sou, een ass emol k.o. (<i>Weist op dem Bopi seng Seit</i>) deen zweete kennt elo no!

9.Optrëtt

Péiter- Ketty

Ketty	(<i>kennt zu Mëtt eran</i>)
Péiter	Waat wëlls du da schon erem?
Ketty	Ech hätt gär gewosst firwaat de Fritz esou séier erem fortgefuer ass.
Péiter	Daat geet dech en aalen Dreck un, nemmen wanns de et onbedengt wësse wëlls. Erausgeheit hun ech en, well hien hanner eisem E'iv hirwar. A well en sech hei

als Kniecht ausgin huet, an a Wirklechkeet dem Knubbelbauer sei Bouf ass.

Ketty *(laacht)* Daat hat e fein gemaach, ass et nüt wouer?

Péiter E Schwindeler ass et, esou en onverschimte Kärel.

Ketty Daat ass nüt wouer. De Fritz ass en anständige Kärel.

Péiter Wouhir wëlls du daat do wëssen?

Ketty Daat soll ech nüt wëssen, wou ech dach drei Joer bei sengem Papp am Dingscht war. Ech sin dach vum Knubbelbauer heihinner komm.

Péiter *(jeitzt)* Kënns von Knubbelbauer? Do hun ech jo e gudde Fank gemaach. E ganzt Nascht hun ech mir op t'Broscht gezun. Alles waat fum Knubbelbauer könnt daat daacht neischt.

Ketty Oho, waat fällt dir an! (*Zitt seng Pobeieren eraus*) Hei lies meng Pobeieren a wanns de dann nach eng Kéier sees ech geng neischt daachen, da kanns de der flott en aanert sichen.

Péiter *(iwerflitt t'Pobeieren, sei Bleck stockt a riicht sech op t'Ketty)* Wéi heechs du? Ketty Meyer?

Ketty Et wärt schon esou sin, wann et esou do steet.

Péiter *(rässelt de Kapp)* Komesch, mei Kniecht heecht och Meyer.

Ketty T'ass nüt méiglech.

Péiter Jo, Gust Meyer.

Ketty *(jeitzt iwerrascht)* Gust Meyer? Sou e gouregen, blonden Zertriwelten mat Kaaftzenaan?

Péiter Daat stemmt.

Ketty Daat ass mein Brudder.

Péiter *(ronzelt Stier)* Dein Brudder?

Ketty Baal zwee Joer hun ech hien nüt méi gesin. Ass dee bei dir Kniecht?

Péiter So emol, hues du nach eng Schwëster?

Ketty Neen – Ass daat nach dran, mein Brudder Gust ass Kniecht bei dir! Wou ass en dann?

Péiter Op deng Hochzeit.

Ketty Waat?

Péiter Hien huet bis mar Urlaub. Hie wollt op de Breitchemann oppassen, dass deen nüt soll entwëschen.

Ketty Ech hun keng Hochzeit an emol kee Freier.

Péiter *(donnert lass)* Waat? Dann huet deen Hond mech

	belunn, den Spetzbouf. Da leeft e bestëmmt erem hanner engem Schieteg hir, daat en nüt erwëscht. Ierger dech nüt. Schlaubauer. Du kanns dengem Numm dach keng Éier maachen an deng Gaall wär geschwenn färdeg mat dir.
Ketty	
Péiter	Dee kann der eppes erliewen, wann en erëm kennt.
Ketty	Du wärs och alt nüt èmmer am Katechismus gelies hun, wéiss du jonk wars (<i>riets of</i>).
Péiter	Waat ass daat eng Welt. (<i>firt sech mat der gespretzter Hand durch t'Hoer</i>) Ech hun neischt anescht wéi Halunken em mech. (<i>et héiert een dass ee Mensch kennt</i>).

10.Optrëtt

Péiter an Hannes

Hannes	(durch t'Mëtt) Deng Fra huet mech heihinner bestallt. Hues de der t'Saach iwerluecht?
Péiter	Jo, et huet mech gekräntkt, dass du vun mir der Meenung bass ech hätt dir de Bopi wéint enger Irwschaft ofkaaff. Daat wëll ech nüt op mir setze lossen. Ech haat deen Aalen nemm kaaff, fir dass meng Fra e bessen Distraktioun hätt. An fir dass erem Liewen an t'Bud soll kommen, well ech nüt èmmer doheem sin. Nemmen elo hues de mir t'Freed geholl. Paak en an, an huel en erem mat. De Schlaubauer ass keng Erbschleiche.
Hannes	Daat gefällt mer, Schlaubauer – daat ass schéin fun dir. Ech hun dir also Onrecht gedro'en mat dem Verdacht, esou schengt et mir wéinstens.
Péiter	Daat ass richteg, Knubbelbauer. Daat kenns du mir frei gleewen. Soss geng ech en nüt méi hiergin, grad well ech elo weess dass eppes bei him ze irwen ass.
Hannes	Dann hätt ech jo guer keng Angscht brauchen ze hun, dass de mir de Fritz em seng Irwschaft brengs.
Péiter	Nüt eng Sekund.
Hannes	Abbee gudd – da kanns de en och heihaalen. Ech sin nüt esou. Du hues de gudde Wëlle gewiesen an daat geet mir duer. Elo weess ech dass ech neischt ze

- färten hun fun denger Seit, daat geet mir dur, an durfir wëll ech dir och nüt déi Freed ewech huelen. De Bopi bleiwt hei.
- Péiter (*durcheneen*) Neen, neen, daat kann ech nüt unhuelen. Op kee Fall. Haut schwätz du esou maar aneschter. Huel en erem mat, fir dass ech roueg schlofe kann.
- Hannes Schlaubauer, ech gesin dass et dir éierlech a gudd gemengt ass, an dass du nüt esou schlecht bass wéi ech dech gehaalen hun. Wann dir also neischt méi un him leit --- Waat soll en da kaschten?
- Péiter Ma wéis de gesôt hues 100.000 Euro an 1000 Euro extra fir den Zirkus, de Kascht an t'Schlôfen an all dee Krôm deen hien futti gemaach huet. Ech wëll awer och neischt bei der Geschicht beileeën.
- Hannes Futti gemaach? Waat huet hien da futti gemaach?
- Péiter Méi wéi genug. Du kenns e jo. Gleich den éischten Daag huet den Hunn missen dru gleewen. (*Am Haff héiert een en Hunn jeitzen*).
- Hannes Ah sou, daat war wuel deng Fraa déi elo gekréit huet?
- Péiter Eeh...daat war dem Noper sein Hunn. Deen tréischt meng Hinger alt esou laang bis ech mer en neien Hunn uschaafen.
- Hannes (*leet 101.000 Euro op den Dësch*) Déi Dausend Euro déi din mir awer deck, Schlaubauer.
- Péiter (*stecht t'Souen an t'Tesch*) Daat muss du mat dengem Bopi ausmaachen. (*streckt dem Hanes t'Hand dohinner*) Also ass elo alles an der Rei, Knubbelbauer.
- Hannes (*schléit an*) Ofgemaach. (*kuckt op seng Täschenauer*) Do elo ass mein Zug scho fort. De Bopi kann ech jo esou laang heillossen. Ech hun nach e Patt Béier an der Wirtschaft stoen, deen wëll ech nach ausdrenken.
- Péiter (*dirigéiert en bei t'Dir*) Looss der en gudd schmaachen. An du hëlls jo de Bopi herno nach ewech.
- Hannes Also neischt fir ongudd, Schlaubauer.
- Péiter Neen, neen, mir bleiwen déi Aal.
- Hannes (*of. De Péiter laacht sech baal kromm*)
- Péiter Sou mei Jong, elo hues du de Bopi erem an ech meng Souen.

11.Optrëtt

Péiter- Gréit dann de Bopi

- Gréit (kënnt era geschoss) Hues den en erëm verkaafft?
- Péiter Jo, fir 90.000 Euro. Ech hu missen 10.000 Euro erof goen, well ech en drei Deeg gebraucht haat.
- Gréit Daat mecht neischt. Léiwer 10.000 € ze wéineg wéi ee Bopi zevill. Heihinner mat de Souen (*hëllt se an deet se ewech*).
- Péiter Mee wann ech de Pauly kréien, dann plecken ech mer deen, dass t'Hoer em zu Bierg stinn.
- Bopi (*poltert un der Dir a jeitzt*) Donnerwieder, wëllt dir wuel direkt opspären. Opmaachen soen ech. Soss schloen ech alles kurz a kleng (*weider Koméidi*).
- Gréit (erstaunt) Mir schengt et, deen Àlen ass iwer geschnappt.
- Péiter (geet no riets) Waat fällt deem eigentlech an? Deen hun ech elo geschwënn kuréiert. (*spärt t'Dir op*)
- Bopi (*richt a rosen eran*) Ween fun iech zwéin Klatzkepp huet dann meng Dir zou gespaart? – Héier der, eng Aentwert wëll ech hun.
- Péiter an Gréit (*stin sprachlos*)
- Bopi Dajee, ass et dann nach fir haut? Maacht t'Maul dach op.
- Gréit (fir t'éischt) Mee et schengt mir ...
- Bopi Waat schengt dir? Mir schengt dir spärt de Gendarm a Plaatz t'Reiber an.
- Péiter Wéi ennerstées du dech dann mat eis ze Schwetzen? Eraus mar dir!
- Bopi Haal de Mond!
- Gréit Huet een schon jee esou eppes gesin! Aus Gottesbarmhärzegkeet hun mer daat Stéck Miwwel bei eis geholl -----
- Bopi Aus Gottesbarmherzegkeet nenn dir daat? Ass daat dann och Barmherzegkeet, wanns du dem Knubbelbauer 100.000 Euro fir mech gëss an der Hoffnung domadden zwee Heiser am Saak ze hun.
- Péiter Schwetz kee Blech. Ech weess dach dass du neischt hues.

- Bopi Elo weess du daat. Mee wéiss du mech kaaff hues, hues du gemengt e fetten Handel mat mir ze maachen.
- Péiter Daat muss du mir nach beweisen.
- Bopi Déi Freed kann ech dir maachen (*hëllt e Bréif aus der Tesch an hällt dem Péiter en énner t'Nues*) Kenns de dése Bréif?
- Péiter (zuckt zesummen) Wéi kenns du en dee Bréif?
- Bopi Deen hues du virun dem Knubbelbauer senger Dir verluer, wéis du t'Nueschschnappesch erausgezun hues, an ech hun en opgehuewen a versuergt. Mengs du da vleicht ech hätt et gewoot fir mech aalen Mann 100.000 Euro ze fuerderen, wann ech dee Bréif nüt gelies hätt. Dodran huet dir dem Pauly vun zwee Heiser eng Flo' an t'Ouer gesaat.
- Péiter (mat dommem Gesicht) – Ah sou dohier stenken t'Lompen.
- Gréit Wou kenns du Drach dann némmen dee Bréif verléieren! Et soll een dech beetschen.
- Bopi Elo weess de firwaat de Preis fir t'Bopi'en esou bei mir an t'Lucht gangen ass. An elo weess du och firwaat ech mech gefreet hun fir heihinner ze kommen: fir iech zwee Spëtzbowen t'Liewen méiglecht sauer ze maachen. De Bopi ass gewëtzt, daat kanns de dir frei op t'Stir schreiwen. Schued, dass de Spass némmen e puer Deeg gedauert huet. Ech hätt iech en nach drei Joer vergonnt.
- Péiter Jo, et ass Schued, dass de Spass eriwer ass, soss häss du nach mein Dank fir deng Nidderträchtegkeet kenne geléiert.
- Bopi Mengetwegen. An elo eraus domadden. Du hues jo 100.000 Euro fir mech bezuelt. Ech gehéieren dir. Just 100.000 Euro huet nämlech de Knubbelbauer gebraucht vir sein Haff. Elo huet en se an alles aneres ass mir eendun.
- Gréit (mat Freed) Neischt huet en, guer neischt, kee Sou.
- Péiter Den Knubbalbauer huet dech erëmkaaff.
- Bopi (scheinbar getraff) Huet de Knubbelbauer mech eremkaaff?
- Péiter Virun e puer Minuten.
- Bopi Da gehéieren ech jo erem dem Knubbelbauer?
- Gréit Wann en direkt kënnt an dech mathëllt da kritt en nach eng Haam dobei.

- Bopi (zum Péiter) Huet hin dir wirklech t'Geld eremgin?
 Péiter Jo, et leit am Tirang.
- Gréit De Knubbelbauer ass grad esou ee Schwachkapp wéi mein Mann. Hie mengt och zwee Heiser fun dir ze irwen.
- Péiter Aha, waat sees de dann elo?
- Bopi (roueg) Groussarteg, wéi de Knubbelbauer daat gemaach huet, ganz groussarteg. Ech hunn nämlech zwee Heiser.
- Péiter a Gréit (*kucken sech verblüfft un*)
 Waat hues du?
- Bopi Zwee schéin Heiser mat Terrain dobei, mat Béischten an allem waat derzou gehéiert.
- Gréit (nët ganz secher) Haha! Vleicht op dem Mond?
- Bopi Neen, neen. Ganz fest hei ennem op der wackleger Erd.
- Péiter Deng Ligen stenken zum Himmel (*zitt de Bréif fun der Paulys aus der Tesch*) Soll ech der virliesen, waat t'Paulys mir geschriewen huet?
- Bopi Déi Méi kanns du dir spueren. Ech weess waat an dem Bréif steet.
- Gréit A wouhir solls du daat da wëssen?
- Bopi Well ech dee Bréif selwer geschriewen hun an nët dem Pauly seng Fraa.
- Péiter a Gréit (*perplex*)
 Pass gudd op Schlaubauer, elo mirks de eréischt richteg wouhir t'Lompen stenken.
- Péiter (ruckweis) Dee Bréif – ass e vun dir? Jo, mee du wars jo guer nët virun t'Dir geschweigs nach aus dem Duerf eraus (*weist t'Enveloppe*) An de Bréif ass dach vun do gestempelt wou t'Paulys wunnen.
- Bopi Do hues de Recht. De Gust huet en gëschter matgeholl an do an T'Bréifkëscht geheit.
- Péiter An zu mir huet e gesôt e geng op T'Hochzeit vun senger Schwëster.
- Bopi (laacht) Déi Hochzeit hunn ech erfonnt.
- Gréit Elo fänken ech esou lues un Angscht ze kréien firun dir. Du bass jo nach schlëmmer wéi zeng ausgekachte Spetzbouwen.
- Bopi Waart nach eng véirel Stonn, dann seess de bestëmmt wéi eng Dosen Spetzbouwen. Wéi ass et dann elo Schlaubauer? Da brauch ech jo elo

	secher n�t m�i op dem Kniecht senger Benk ze schl�fen? (<i>zum Gr�it</i>) An mein K�ssen kr�ien ech secher och er�m? W�i, wuerfir kritt dir dann elo obeemol de Mond n�t m�i op.? Fonctionn�iert T'Guckucksdir n�t m�i? Kuckt, op des Stonn hun ech mech gefreet, w�i e Kand op den Nikleeschen.
P�iter	(<i>grommelt</i>) Spetzbouw!
Bopi	Mein l�iwen Schlaubauer. Et g�tt zwou Zorten vun Spetzbouwen. Zu der enger Zort geh�iers du, zu deer anerer geh�ieren ech. Iwer waat fir eng Zort eiser Herrgott sech am meeschte Freed, daat brauch ech der secher n�t ze soen.

12.Optr tt

De Viirech - Hannes

Hannes	(<i>eran</i>)
Bopi	(<i>frou</i>) Bass du do Hannes? Daat ass fein. Da kann et elo lass goen.
Gr�it	(<i>jeitzt</i>) Waat w�lls de dann nach? Hues de nach n�t scho genug Neischnotzegkeet un de Mann bruecht?
Bopi	Alles mat der Rou an enger gudder Zigar. Du w�rs elo gleich mech nach fun enger anerer Seit kenne l�ieren. Ech bezuelen g�r t'Hypoth�ik erem d�i de P�iter op dem Knubbelbauer sengem Haff huet.
Hannes	(<i>betraff</i>) Wien huet dir dofunner verzielt Bopi?
Bopi	(<i>weist op den P�iter</i>) Hien war esou gudd an huet se fun der Bank iwerholl, fir dech �m dein Haff ze brengen.
Hannes	(<i>geet mat der Fauscht op den P�iter dur</i>) Du Hond do.
Gr�it	(<i>f�llt him an den Arm an dreckt en zreck</i>) N�t upaacken, mein Mann beetschen ech selwer.
Bopi	Hannes wifill muss de Schlaubauer fun dir kr�ien?
Hannes	Daat ass n�t esou schlemm. Grad esou fill w�i ech fir dech bezuelt hun.
Bopi	A waat hues de bezuelt?
Hannes	101.000 Euro huet e fu mir kritt.
Gr�it	(<i>op den Hannes duer</i>) Nemmen 90.000 Euro hues de him gin.
Hannes	Ganz genau 101.000 .

Bopi	(zum Gréit) Wann en zu dir 90.000 € gesôt huet, dann huet hien der 11.000 an seng Giletstesch gestach – aus Barmherzegkeet fir sein eegenen Portmonni. (zum Péiter) Also du hues vum Knubbelbauer 101.000 Euro kritt (fest) Domadde sin ech nêt bezuelt. Hues de mech verstaanen.
Péiter	Daat gët et nêt.
Gréit	Daat ass operluechte Schwindel.
Bopi	Wann daat Schwindel ass, dann git roueg op t'Gericht a sicht mech un. Ech sin firwëtzeg, waat sie derzou soen, dass du dech fum Pärdshandel op Bopien emgestallt hues. An ech gin och gleich mat a lossen de Leederwoon mat all denge Sënnen hannendrun fueren – Ass elo t'Hypothéik bezuelt oder nêt?
Péiter	Jo. (<i>Zitt t'Popeieren aus der Tesch a reecht dem Bopi se, deen se zerreist an dem Hannes t'Stecker gëtt</i>).
Bopi	Do Hannes, esou liecht huet nach keen eng Hypothéik bezuelt.
Gréit	An da vive eraus hei. Hei huet der neischt méi ze sichen.
Bopi	Mengs dë? Da bass dë awer aal um Holzwee. Wou ass t'Eivchen?
Gréit	Waat wëlls de dann elo mam Eivchen?
Bopi	(mat Nodrock) Ech ! wëll neischt mat him awer een aneren. Wou t'Eivchen ass, wëll ech wëssen.
Péiter	Wou soll et scho sin, an senger Schlofkummer.
Gréit	Agespaart hun ech et, dass him den Appetit op deen Leisdeiwel fun engem Fritz vergeet.
Bopi	Heihinner mat em! Soss schecken ech der dein Nooper op de Pelz, dee kann dech dann emol froen, wéi dir him seng Bire geschmaacht hunn.
Péiter	(zum Gréit) Géi an huel et eraus, fir dass mer deem Plogeescht lass gin.
Gréit	(jéimert) A fir esou e Bopi bezillt daat Rendvéi 100.000 Euro. (of)
Bopi	A wou ass de Fritz? Wou stecht en?
Péiter	Deen hunn ech erausgeheit. Deen ass nêt méi hei. (<i>Hanner der Bühn héiert een t'Gréit opjeitzen, sie kucken allen drei op t'Dir</i>)

13.Optrött

De Viirech – Frit z- Eivchen - Gréit – Ketty – Gust

- Fritz an Eivchen (*kommen mat laachende Gesichter eran*)
- Bopi Ganz weit hass de deen awer nüt geheit.
- Ketty (*könnt mat dem Gréit, a steipt et*)
- Gréit (*jéimert*) Et ass aus. Haut huet der Deiwl eis mam Schlawittchen.
- Péiter Waat ass dann elo schon erem lass?
- Gréit De Fritz war bein Eivchen am Zëmmer.
- Péiter Wéi ass daat da meiglech? (*zum Ketty*) Du hues jo gesoot du häss e gesinn fortgoen.
- Ketty Daat hun ech och gesin, awer durch t'Fenster an dem Eivchen seng Kummer.
- Bopi (*reecht deenen zwee t'Hänn*) Sou hätt ech et och gemaach Fritz.
- Péiter (*an t'Lucht*) Elo gött et awer ze bond (*zum Bopi*) Mengs de vleicht du könns bis an all Éiwegkeet t'Schöndlouder mat eis spinnen? Paak alles an a géi op t'Gericht – klaap alles waats de weess, mir ass et egal. Nemme fir t'éischt maachen ech Urdnung hei (*Schleidert t'Eivchen a Fritz fort*) Ausenanner! Aus deem Bestiednes gött neischt. (*zum Bopi a Fritz*) An dir zwéin aus mengem Haus (*zum Ketty*) An du kanns direkt matgoen a wann de Gust könnt, flitt deen iech no.
- Gust (*eran*) Ass hei Hochzeit, well dir all esou lëschteg sitt?
- Gréit (*höhnesch zum Gust*) Do ass e jo, Wéi, ass deng Schwester dann elo glëcklech bestued?
- Gust Jo, a wéi! Haut ass si schon mat hirem Mann an t'Staat gefuer fir Kannerwäsch ze kaafen.
- Péiter Sou! (*zitt Ketty daat aus de Féiss stung erbei*) A wien ass dann daat hei?
- Gust (*mecht e Schrack zreck*) Em Gotteswëllen, ass daat nach dran, da war ech bestëmmt op der verkéierter Hochzeit.
- Péiter Mech hues de fir t'Lescht mat dengen Ligen ugeschmiert, du onverschimmte Bréifdréiher. Aus dem Haus mat dir an zwar op der Plaatz.
- Bopi Nüt esou séier Schlaubauer. Mir zwéin sinn nach nüt färdeg matenaaner (*geet lues op de Péiter dur*) Duu

- wëlls eis hei virun t'Dir setzen? Graad duu? (*stark*)
 Wous de frou kanns sin, dass ech dech nüt
 erausgeheien.
- Péiter Duu? – Mech aus mengem Haus?
 Bopi Neen – aus m e n g e m Haus. Daat Haus hei gehéiert
 mir (*allerguerten erstaunt*).
 Gréit (*kreschereg*) Waat kënnt dann haut nach alles iwer
 eis?
- Péiter Mee daat kann nüt méiglech sin. Ech bezuelen dach
 t'Pacht all Joer un de Pauly.
 Bopi Natiirlech. De Pauly ass mein Verwalter. An
 heimadden kënnegen ech dir – ass daat verstaanen?
 An drei Deeg wëll ech dech nüt méi hei gesin.
- Péiter Oho, esou séier schéissen t'Preisen awer nüt. Ech
 hun e Joer Kënnegung ausgemaacht.
 Bopi Do hues de Recht, awer nemmen, wanns du de
 Pachtvertrag angengshaalen. Du hues awer Holz
 geschloen – deen duebele Quantum, wéi dir all Joer
 durch Vertrag zosteet. An doofir kann ech dech virun
 t'Dir setzen, wann ech wëll. An dobei hues du nach –
 zeg Fouerten verkaaff géint all Bestëmmungen am
 Pachtvertrag, kuck daat ass alt erem eng UrsAACfir
 der de Pachtvertrag fristlos ze kënnegen. Liicht daat dir
 an?
- Péiter (*Kapituléiert*) Majo – da gin mer eben. Ech wär jo
 souwisou gangen. Gottseidank ass elo endlech daat
 neit Haus bei der Schoul ze kaafen.
 Bopi Jo awer nüt fir dech.
 Péiter Dorunner kanns du mech nüt hënneren.
 Bopi Scho geschitt, Schlaubauer, scho geschitt.
 Péiter (*spöttesch*) Waats du nüt alles kanns.
 Bopi Daat Haus bei der Schoul daat ass meint schon. Et
 ass mein zweet Haus.
 Péiter Lo gin ech et op (*fällt op de Stull*) Fun dir kann der
 Deiwel nach eppes léieren.
 Bopi Der Deiwel nüt, méi esou Leit wéis du.
 Hannes Bopi, ech weess nüt waat ech soe soll. Firwaat hues
 du mir déi zwee Heiser all déi Joeren verheemlecht?
 Bopi Well ech wollt dass du dein Haff mat dengen eegenen
 Hänn erem an t'Lucht solls kréien, an nüt mat mengen
 zwee Heiser.
 Gréit (*kreicht an t'Schietech*) Waat fänken mir arm Leit dann
 elo nemmen un?

- Bopi Jéimert nüt. Dir sitt nüt esou arm, dass dir mar nüt wéisst wou dir schlofe sollt.
- Eivchen (ass *lues bei de Bopi gangen*) Bopi, ech bidden dech, sief nüt esou haart mat mengen Elteren.
- Bopi (*heemelt hat*) Neen, neen, Eivchen. Ech hun gedonnert a geblëtz – elo lossen ech t'Sonn erem schengen – Schlaubauer ech froen dech elo fir t'Lescht, waat hälls du vum Fritz a vum E'iv? Hues de nach èmmer eppes dergéint?
- Péiter Neen. Mengetweegen soll hien et huelen.
Wann ech neen soen, hëllt en et dach.
- Bopi Geseis du daat endlech an! Daat mecht mer Freed (*méi douce*) Mee lauschter, wéins dem Haus do bei der Schoul, do kanns de jo emol mam Hausmeeschter schwetzen.
- Péiter Mat dir?
- Bopi Neen, mam Fritz. Déi zwee Heiser sin fun haut un seng. Ech hun mech laang genug domadden eremgebalegt.
- Fritz (*sprachlos*) Bopi – dofir sin, dofir sin ech ... do kann ech neischt méi soen. Do kann ech nämmen ----- - (*dréint sech zum Eivchen èm*) – Waat kann ech dann do (*ermärbelt de Bopi*)
- Bopi (*dreckt en zreck*) Wann t'Eivchen daat elo geng maachen, da geng ech jo nüt neen soen.
- Eivchen (*sprengt op de Bopi dur a kësst en*)
- Fritz (*baal erschreckt*) Elo hun ech jo drei Häff.
- Bopi Neen, mat engem oder zwéin hues du Arbecht genug. Den Hannes bleiwt op sengem Haff. Hien ass nach ze jonk fir opzehaalen. Hien brengt den Haff erem an t'Lucht, an ech kucken him dobei no.
- Hannes Da kenns du jo erem mat mir, Bopi?
- Bopi Ma secher. An de Gust huele mer och mat. (zum Gust) Nemmen daat eent soen ech der: Alles darfs de der fir dein Loun kaaffen nemmen keen Notizbuch.
- Gust (*versteet nüt*) Wéi ?????
- Ketty An ech?
- Bopi Du gees och mat eis. Dech kann ech op kee Fall vermëssen. Soss hun ech jo keen fir rosen ze maachen.
- Gust (*steet nodenklech op der Seit*) Firwaat da grad keen Notizbuch?

- Péiter (*zum Fritz*) A wéi ass et mat deem zweeten Haff,
 Fritz? Verkeefs de mir deen?
- Fritz Schwéierpapp, ech mengen daat Geschäft maachen
 ech. De Bopi huet recht. Op zwou Geien kann een nët
 gleichzeiteg spinnen.
- Gust (*fir sech, awer hart genug dass de Bopi et héiert*)
 Firwaat da grad keen Notizbuch?
- Bopi (*dreckt him Notizbuch an de Grapp*) Duerfir nët, wanns
 du et onbedengt muss wëssen.
- Gust (*steet verblüfft*)
- Gréit Ech schumme mech esou. Gëtt et daat da wirklech
 nach op der Welt, dass déi Hand déi elo grad esou
 ureg drageschloen huet elo op emol erem heemele
 kann?
- Bopi Jo, weess de, ech wëll nët dass mir méi Frechheeten
 an t'Kondel nogeheit gin wéi Schëppe Buedem. Et wär
 och ganz gudd Schlaubauer, wanns de emol e wéineg
 doriwer gengs nodenken.
- Péiter Jo Bopi, daat maachen ech. Daat eent Verspriechen
 ech der haut schon: A mengem ganzen Liewen kaafen
 ech kee Grousspapp méi.
- Bopi Sou een wéi mech wärs de wuel och an dengem
 ganze Liewen nët méi kréien.

R i d e a u